Verfassung - De Film (Versioun 3)
Staat, Flicken an Zaldot

Prolog

(Fir d'éischt e Buch. Dann: eidel Verfassungsreim, de Sall vun den Diren. D'Stëmm vum Architekt.)

Architekt *(off)*: Eis Konstitutioun. Oft gëtt behaapt et wir en aalt Buch, dat iergendwann am 19. Joerhonnert geschriwwe gouf, andeems duerno heiansdo nach eppes dobäigekrozelt gouf, oder ee "sanctionner" duerchgestrach gouf. Dat stëmmt och.
Mä d'Konstitutioun existéiert net nëmmen um Pobeier mat Artikelen a Kapitelen, si ass och eng Realitéit fir sech. Stellt Iech d'Konstitutioun als eng komplex Struktur mat ville Reim an Dire vir. Seele komme Visiteure laanscht, fir sech d'Konstitutioun eng Kéier unzekucken.

Szeen 1

(an engem TV-Studio: Mir gesi Biller, déi d'Texter vun de Moderatoren illustréieren)

Dag 1

Moderator 1: Alt erëm eng Kéier si Rumeuren opkomm, datt de Prënz Jean-Paul III un enger Reih Attentater bedeelegt gewiescht soll sinn. Um Enn vun den 80er Joëre, soll de Prënz ee prominente Member bei der GLADIATOR-Beweegung gewiescht sinn, eng Geschicht déi bekanntlecherweis mam Russell Crowe verfilmt gouf. Elo ginn et nei Zeien, déi behaapte, si hätten de Prënz um Dag vun den Attentater op engem Dräirad ronderëm den Härebierg fuere gesinn.

Zeien: Et wor hien. De Prënz! Dat ass sou kloer wéi Bouneschlupp! Ech sinn deemols bei d'Police gaang, mä déi hu mech äusgelaacht an heemgescheckt. Owes hat ech dunn zwee Kleederschief am Sonndeskostüm an der Stuff sëtzen. Also, keng richteg Kleederschief, sinnbildlech Kleederschief... verstidd der? Se hu mer gesot : "Männchen, du hälls de Bak, oder mir maache Kuddelfleck äus dir!" An dat ass net d'accord !

Dag 2

Moderator 2: Den Témoignage vu gëscht huet sech als falsch eräusgestallt. De Prënz huet gëscht op enger Pressekonferenz gekrasch, an des Fotoë public gemaach, op deenen onmëssverständlech ze erkennen ass, datt hie während den Attentater net am Land war, mä am Kongo op enger Elefantejuegd. Et gëtt also kee Grond méi dorun ze zweifelen, datt eise Prënz ee besseren an och méi schéine Mënsch ass wéi mir all.

(Am Büro vum SEL: Op enger Tele ass grad den RTL-Beriicht gelaaf. Den Chef vum SEL kennt ran, a geet op säi Schreiwdesch duer d'Mataarbechter stinn op an applaudéieren, den SEL-Chef deet säi Mantel aus, gesäit zefridden aus, freet sech iwwert den Applaus. E Mataarbechter kennt vun der Säit mat enger Enveloppe op en duer. Den SEL-Chef iwwerflitt de Bréif, hellt säi Mantel

an verléisst de Raum nees séier an konzentréiert)

SEL-Chef *(Off-Kommentar)*: Alt neess e Kannerspill. Déi brisant Noriichte si vun der Bildfläch verschwonn, de Pöbel ass berouegt an et wäert nach laang dauere bis déi Toperte rausfonnt hunn, dat deen Elefant op der Photo en verkleetent Nilpäerd ass, an datt de Prënz eng Elfebeenallergie huet. Déi nächste Kéier...

Dag 3

Moderator 1: Déi geplangte Kierzunge vun de Studiebäihëllefe stoussen op Protest : Gëscht koum et zu engem Streik géint dës Spuermoossnahm, un deem iwwer 17.000 Schüler a Studenten deelgeholl hunn. Am Projet de Loi 691621661 soll jo d'Bildung offiziell als onnéideg Äusgab, a jonk Leit als bëlleg Aarbechtskräft ouni Ahnung definéiert ginn. An engem Kommentar vun den Studente heescht et *(liest vum Ziedel of)*: "Dat ass net d'accord."
Moderator 2: De Minister huet vis-à-vis vun der Press op dës Protester reagéiert mat de Wierder: "Déi Schüler gi mir gehirlos op d'Strëmp. Wann nach een vun deene mengt hei d'Schnëss opmaachen ze mussen, dann ginn et der riets a lénks an d'Suddel, bis se mengen d'CSV wir net méi um Rudder. Wa Studente souvill Goss kréien, datt se net mol méi op en Niewenjob ugewise si, kréien ech guer kee Sex méi !"

Iwwer Telefon hat sech de Minister duerno och perséinlech bei verschiddenen Jugendverbänn gemellt, d'UNEL huet eis ee Message vun hirem Répondeur zoukomme gelooss :

(Ausschnett gett firgespillt)

"Salut UNEL, nach eng Kéier äre Minister hei. Eng haart Noss ass dat do, eng ganz haart Noss. Ma leckt mech dach all am Aasch, nondidjö. Et geet duer lo UNEL. Gitt mol eng Kéier bei d'ACEL. Gitt mol eng Kéier bei d'ACEL op hire Bal, friesst e Croissant, drénkt eng Coupe Schampes, pisst an d'Strooss a katzt engem Friemen an de Virgäertchen. Do géift der léiere wéi Studente sech ze behuelen hunn. Dat weess ech nach äus menger Zäit zu Tréier. Mä dat wësst der jo net, dir lénksintellektuell Idiotten déi der sitt."

Ee Kommentar vum Minister zu deem Telefonat gëtt et bis ewell net.

Dag 4

Moderator 2: De Minister huet haut nach eng Kéier op déi kleng Manifestatioun vu läschtem Freide reagéiert. Eng Grupp vu verwinnte Chaoten hate jo ee Bus beim aparke gestéiert, well se mat deenen neie Studenteboursen hir Botzfra nëmmen nach hallefdags engagéiere kënnen.

Mir hunn de Minister kontaktéiert, fir mat him iwwer seng couragéiert Reform ze schwätzen. Et huet sech rausgestallt, dat déi Opnahm, déi mer iech geschter virgespillt haten, fehlerhaft wor. Hei lo déi richteg:
(Ausschnett gett firgespillt)
"Ech fannen dat super, datt dir jonk Leit iech ouni déi gerengsten Äussiicht op Erfolleg politesch engagéiert. Sou hat ech deemols zu Tréier och ugefaang. Kommt roueg bei mir laanscht op eng Taass Kaffi. Méng Dire stinn op. Kanner sinn eppes wonnerbares."

Mir haten ee vun deene jonken Aktivisten an de Studio invitéiert fir séng Meenung ze äusseren. Mä hie wor nach voll vu gëscht a säin Hond huet séng Jumboskaart gefriess.

(Am Büro vum SEL: Op enger Tele ass grad den RTL-Beriicht gelaaf. Den Chef vum SEL kennt ran, a geet op säi Schreiwdesch duer d'Mataarbechter stinn op an applaudéieren, den SEL-Chef deet säi Mantel aus, geheit eng Jumboskaart an d'Poubelle, gesäit zefridden aus, freet sech iwwert den Applaus. E Mataarbechter kennt vun der Säit mat enger Envloppe op en duer. Den SEL-Chef iwwerflitt de Bréif, hellt säi Mantel an verléisst de Raum nees séier an konzentréiert)

SEL-Chef (Off-Kommentar): Alt neess e Kannerspill. Déi brisant Noriichte si vun der Bildfläch verschwonn, de Pöbel ass berouegt an et wäert nach laang dauere bis déi Toperte vun der Regierung sech rëm zu Wuert mellen, ouni dat mat eis ofze...

Dag 5

Moderator 1: Schockelasflecken an der Chamber. Um fonkelneien Teppech an der Chamber goufe brong Flecken entdeckt. Dobäi handelt sech anscheinend net ëm déi Deputéiert vun der ADR, mä ëm Schockelasflecke vun der Mark Côte d'Argent. Am Verdacht steet de fréieren CSV-Minister Marc Fettsak, deen d'Chamber d'läscht Woch gelount hat, fir sengem Bouf säi 35.Gebuertsdag dran ze feieren.

Dag 6

Moderator 2: Alt rëm eng Kéier musse mer bei engem vun eisen ale Reportage sou munches riichtbéien. Schold un de Schocklasflecken an der Chamber wor net de honorabelen Marc Fettsak, mä d'LSAP-Députéiert Tanja Dikkrecher.

Tanja Dikkrecher: Jo, et deet mer Leed, datt et zu deem Mëssverständnis koum. Mir ass effektiv d'läscht Woch e Stéck Côte d'Argent op den Teppech gefall. Ech hätt sollten direkt eppes soen. Et deet mer wierklech leed. Ech si sou eng domm Kou. Ech bezuele mäi privaten Tank iwweregens och mat Steiergelder... An dat ass net d'accord!

Moderator 1: Wéi sou oft ass och bei dësem vermeintleche Skandal manner dru, wéi mer am Ufank geduet haten. Serge, wat mengs du?

Moderator 2: D'Leit sinn total paranoïd. Wa mer eppes äus deene Geschichte léiere sollen, dann ass et, net ëmmer direkt mam Fanger op aner Leit ze weisen. Grad mir als Journaliste mussen och léiere kritesch eis selwer géigeniwwer ze sinn...

Szeen 2

(Am Büro vum SEL: Op enger Tele ass grad den RTL-Beriicht gelaaf. Ee Mataarbechter kuckt op d'Telé, schwätzt d'Wieder mat, währenddeem hien an ee Skript kuckt).

Moderator 2:...an eis Quellen ze Préifen ier mer falsch a ruffschiedegend Nouvellen äusstrahlen.

(*Den Chef vum SEL kennt ran, a geet op säi Schreiwdesch duer d'Mataarbechter stinn op an applaudéieren, den SEL-Chef deet säi Mantel aus, gesäit zefridden aus, freet sech iwwert den Applaus.)*

SEL-Chef *(Off-Kommentar)*: Alt neess e Kannerspill. Déi brisant Noriichte si vun der Bildfläch verschwonn, de Pöbel ass berouegt an et wäert nach laang dauere bis déi Toperte vun der Telé sech rëm traue grouss Noriichten ze senden, ouni dat mat eis ofzeschwätzen.

(Den SEL-Chef huet sech u säi Pult gesaat a schwätz lo direkt an d'Kamera. Eng Mataarbechterin steet direkt niewt him mat enger rouder Envloppe, den SEL-Chef huet hat awer nach net bemierkt)

Wou mer hei sinn? Beim SEL. Beim Service des Étouffements Luxembourgeois. Viru Joeren hu mer eis mol Service de Renseignement genannt, mä do haten ze vill Leit ugeruff an no Telefonsnummere gefrot. Wat mer hei maache? Mir stoppe Rumeure déi ni sollte räuskommen. D'Noriichten op der Telé si geféierlech fir d'Land? Kee Problem. Mir schreiwen neier.
E geféierlechen Job. Mä mir hunn alles am Grëff. Wann et mol brenzleg gëtt, ginn alt e puer Fotoe gefälscht, e puer Riede geschriwwen, e puer Bauerenaffer bruecht... deen üblechen Zodi. Mir schütze, wat muss geschützt ginn, vernichte wat muss vernicht ginn. An duerno gi mer op den Apéritif. Poll-Fabaire Crémant. Am Glas. Net äus der Fläsch.
Mir kréien alles mat. Mir sinn d'Aen an d'Oueren vu Lëtzebuerg, keng Mailbox a keen Telefonshörer ass virun eis secher. Ween ech sinn? Mäin Numm ass Jean-Guillaume Mayers *(Numm gëtt ëmmer nom M iwwerpiipt)*. Ech sinn de Chef vun deem Club hei. Ech schmäissen de Buttek, ech schaukelen d'Kand, ech rocken d'Boot, ech reiden d'Metapheren. Also maacht Iech keng Suergen : Är Skandaler si bei eis sécher.
Dat si mir. De SEL. Diskret, elegant, professionell.

SEL-Mataarbechter 1: Här Mayers, d'Toilette ass freckt!
SEL-Chef: *(nach an d'Kamera)* Dat heescht äusser deenen Idioten déi nieft mir nach hei schaffen. Ouni Ritalin packen déi Trëllerten et mol net bis 10 ze zielen. *(zum SEL-Mataarbechter 1)* Ech hunn Iech schonn 100.000 mol gesot, déi Croissanten déi der net méi packt, kommen an d'Poubelle. Dat kanns de jo kengem zielen, datt mir all Woch eng nei Toilette kafe mussen!
SEL-Mataarbechter 1: Sorry, Chef.
SEL-Chef: Soit. An wat steess Du hei sou dämlech matzen am Räum ronderëm, Kevin?
Sufrang: De Kevin ass haut net do...
SEL-Chef: Ech duecht, deen hätt lo grad d'Toilette gefreckt?
Sufrang: Nee dat ass de Pitti.
SEL-Chef: Zut, ech duecht deen aneren heescht Jason.
SEL-Mataarbechter 2: Nee, dat sinn ech.
SEL-Chef: Bon. Wat ass mam Kevin?
Sufrang: Hien hat d'Ouere wéih vum villen Oflauschteren an ass beim Ouerendokter.
SEL-Chef: Soit. Wat stidd dir hei sou dämlech am Raum ronderem, Joffer Sufrang?
Sufrang: Ma well de Kevin haut net do ass, iwwerreechen ech Iech Ären Dossier. Ech mengen an dësem geet ëm déi geplangte Verfassungsreform.
SEL-Chef: Verfassungsreform?
Sufrang: Verfassungsreform.
SEL-Mataarbechter 2: Verfassungsreform?
Sufrang: Verfassungsreform.
SEL-Mataarbechter 3: Verfass...

SEL-Chef: *(flippt äus)* Somol Dir wäert Iech jo packen??!! *(zur Sufrang)* Verfassungsreform?
Sufrang: Potentiell geféierlecht Wahlverspriechen, dat lo emgesat gi muss. De Premier huet wëlles e puer Leit unzestellen, eis Verfassung e bëssi opzepoléieren.
SEL-Chef : Opzepoléieren ?
Sufrang: Moderniséieren.
SEL-Chef : Moderniséieren ?
Sufrang: Erneieren.
SEL-Chef: D'Sei wëllen d'Verfassung erneieren? d'Regierung geet un d'Grondmaueren vun eisem Land piddelen? Si entweihen d'Séil vun eisem Staat? Direkt den Telefon heihinner, ech muss mat deem Intebinni vu Premier schwätzen ier hien dee Kabes do un d'Press verzaapt.
Sufrang: Dofir ass et wuel liicht ze spéit. *(Hält eng Zeitung héich: D'Sei ernéieren d'Verfassung)*
SEL-Chef : Lo vreckt de ganze Buttek.

Szeen 3

(Am Büro vum Premier)

Premier: *(iwwerleet)* Mäi klénge Fanger seet mer dat et net sou einfach wäert sinn, des Fro ze beäntwerten.
SEL-Chef: Bei allem Respekt, dat wor keng Fro, mä eng Opfuerderung ! D'Verfassung ass extreem sensibel, do si Réim, an deene wor ech selwer nach net.
Premier: Eist Land brauch Modernisierung. Loscht op Muer, Neiufank... Dat hate mer deemols versprach, fir d'Wahlen ze gewannen!
SEL-Chef: Éischtens hutt dir d'Wahlen net gewonn. Zweetens gleeft entretemps souwisou kee méi un deen Neiufank, da kënnt der grad sou gutt anstänneg Politik maachen. Drëttens... Dir wëllt moderniséieren ? Méngetweegen. Moderniséiert drop lass, mä loosst déi wichteg Deeler vum Land a Rou.
Premier : An elo?
SEL-CHEF : Schluss mat deem Moderniséierungsblödsinn. Ech schreiwen Iech lo e Pressecommuniqué dee sech gewäsch huet an alles relativéiert. Dann ass deen Zodi neess séier vergiess.
Premier: Ehm... Dann hunn ech wuel e Feeler gemaach ?
SEL-Chef: Net just een, mä d'ass net schlemm, dofir sinn ech jo do. Oder Moment, vu wat schwätzt Dir?
Premier : Maaa...
SEL-Chef : Räus mat der Sprooch !
Premier: 't ass näischt. Ech... AUA ! *(De SEL-Chef zitt hien un der Kravatt.)* Okay, okay... Ech hunn de Moie schonn e puer Leit op e klengen Tour duerch d'Verfassung gescheckt. Eng kleng Delegatioun. Wéinst der Transparenz.
SEL-Chef: Transparenz?
Premier: Jo, nach sou ee wuert wat mer Versprach hunn, an dat ech net verstan hunn. *(Gänsefüßercher :)* Leit äus dem Vollek sollen dobai sinn. Fir déi ganz Moderniséierung mat gudde Biller z'encadréieren. Dat wor alles, loosst mech lo w.e.g. lass, ech kréie keng Loft...
SEL-Chef: Et si scho Leit do ennen?
Premier: Ass dat lo eng ganz néi Fro?
SEL-Chef: Ween sinn déi Leit?
Premier: Ech weess et net...

SEL-Chef: Ierbsenzieler ! Moundkallef ! Déi der selwer ee Gefalen a këmmer dech ëm ee Projet de Loi deen deng onbegrenzt Dommheet legaliséiert. Ech gi mech lo em deng Delegatioun këmmeren, an du beweegs dech net vun der Plaatz.
Premier : Sot mol, Här Mayers, wéi schwätzt Dir mat mir ?
SEL-Chef : A wënsch mer besser Bonne Chance ! Wann ech keen Erfolleg hunn, hues de Chance wa se dech bei de Gemengewahlen zu Hannerknuppeg nach als Kandidat wëllen !

(Sprengt op, an leeft aus dem Sall. Rappt d'Dir nach eng Kéier op.)
SEL-Chef : Géi vläit mol op FREE YOUR STUFF a schreif NEED GEHIR ! *(klakt d'Dir nees zou)*

(Telefon-Joker)

Premier: Jo, hallo, ech sinn et. Läuschter, mir ass do eng passéiert, ech hunn...
Stëmm : *(däischter)* Ech weess bescheed.
Premier : Du weess bescheed ?
Stëmm : Ech weess bescheed.
Premier : Du weess bescheed ?
Stëmm : Ech weess be... *(normal Héicht)* Somol mëss du de Geck mat mir?
Premier : Oh, Pardon...
Stëmm: Jo, ech weess bescheed. Maach der keng Suergen, déi geplangte Moderniséierung ass sou schappeg, déi geet net mol usazweis wäit genuch, fir datt se fir eis problematesch wir.
Premier : Ah. Ma... Gutt... Mengen ech.
Stëmm: Mir hunn do ënnen an der Verfassung schonn zenter e puer Joer eent, dat huet alles ënner Kontroll.
Premier: Dat heescht ech kann dat lo aloggen?
Stëmm: Maach dat.
Premier: Op deen Stress brauch ech lo awer eng Kippchen.

Szeen 4

Am Raum vun den Dieren. D'Dir geet op. De Wiertsen Emil kënnt ran.

Emil: Salut. Gëtt et hei Fräibéier?
Josephine: Jonken Här, ech mengen dir hutt Iech am Räum giert.
Emil: Ass hei net... *(hie liest op engem sëlwer Ticket, offensichtlech ass dat net sou einfach)* d'Délégation de la revision de la Constitution?
Alain: D'Délégatioun fir d'Verfassungsrevisioun... Dach, dat ass hei.
Tanja: Pardon, mä wat hutt Dir hei verluer? Dir schéngt mir keen ze sinn deen a Saache Verfassungsrevisioun besonneg kompetent ass...
Emil: Kompetent? Ech? Wouhir! Ech hunn de Moie mäi Kachkéisdëppchen opgemaach, an do wor dee sëlwer Ticket dra wou dropsteet, datt ech hei soll matmaachen. Hei steet och nach eppes vu Fräibéier...
Josephine: Monsieur. Dir hutt hei évidemment eppes falsch verstan...
Alain: *(korrigéiert lues) ...e*videnterweis...
Josephine: ... Mir sinn hei fir sérieux ze schaffen...
Alain: *(korrigéiert lues) ...sérieis...*

Josephine: ... an d'Verfassung vun dësem Land ze iwweraraarbechten...
Alain: *(korrigéiert lues)* ...iwwerschaffen...
Josephine: So du packs dech jo hoffentlech geschwë, Männchen.
Alain: Madame, dat maachen ech nëmme wann dir domat ophaalt eis Sprooch ze schikanéieren.
Josephine: Oh mäi Gott...
Alain: Loosst Gott äus dem Spill.
Tanja: Dee gëtt et souwisou net.
Josephine: Dat wor dach lo just eng Riedewendung.
Alain: Dir mengt e Spréchwuert.

Se blären all duercherneen, de Marc trommelt op der Tastatur:

Alain: Madame, ech wiere mech scho zanter Joere géint den Ënnergank vun eisem schéine muselfränkeschen Dialekt, an ech loossen et net zou, datt dee vun ignoranten a liddereche Leit wéi Iech mat Féiss getrëppelt gëtt!
Tanja: Relioun ass Gëft fir mündeg a kritesch denkend Mënschen. Ech setze mech fir en laizistesche Staat an, wou d'Reliounen zur Privatsaach deklaréiert ginn a Kierchefabriken ophalen dem Staat op der Täsch ze leien, an dat soulaang mer dat net duerchsetze mussen.
Josephine: Also souwäit wäert et jo wuel nach kommen, datt ech mir vu sou engem ale Granzert virschreiwe loosse wat ech ze soen hun. Et ass mäin gudd Recht als anstänneg Biergerin vun engem fräie Land ze soe wat ech well, wéini ech well an wou ech well.
Emil: Kättche, Kättche, bréng mer nach ee Pättchen. Vun der Musel a soss keen. Ei wéi schmaacht mir dee Kadettchen. `t ass en Dronk fir Broscht a Been. Kättche, Kättche, bréng mer nach ee Pättchen...

De McKenzie steet virun hinnen. Keen huet e komme gesinn. Hie räuspert sech. Jiddereen ass direkt roueg.

McKenzie: Bonjour.
All déi aner: Bonjour.
McKenzie: Et freet mech ze gesinn, datt Dir gutt hei rof komm sitt, an datt der schonn d'Geleeënheet hat Iech e bëssi kennenzeléieren.
Emil: Subtil!
McKenzie: Mäin Numm ass Wilma McKenzie. Ech hun déi grouss Éier, Äre Guide ze sinn an Iech duerch d'Constitutioun ze féieren... Fänke mer also direkt mat eisem Programm un : Wéi der vläit scho wësst, huet eise léiwen neie Premier Iech heihibestallt fir eis Verfassung ze moderniséieren, ech zitéieren "den Look e bëssi opzepeppen, dat däerf näischt drëchenes sinn, dat muss och eppes flottes sinn, dat muss interessant sinn, dat muss och e bëssi flashy sinn, dat muss virwerzeg maachen."
Souvill zu de graffen Zich vun der Missioun. Lo maache mer nach séier een Appel nominal, fir datt d'Leit déi dëse Film kucken iwwerhat versti ween dir sitt.
Josephine: Da maach awer schnell!
Alain: ...séier...
Josephine: Dat ass jo kengem zouzemudden! Schlëmmer wéi Sitcom - De Film!
McKenzie: Als éischt wir do d'Dany Fonckel, dat hei mat dobäi ass fir e peppegen Artikel iwwert dest stëpsegt Thema ze schreiwen. Madame Fonckel?

(Kee mellt sech)

McKenzie: Dat ka jo net sinn. Madame Fonckel?
Josephine: Bei mir fonckelt zwar näischt, mä ech sinn mengen ech déi eenzeg Journalistin hei, mä mäin Numm ass Hänschenklein, an ech si vum "le Pays".
McKenzie: Ah, Bonjour...
Josephine: Bei menger Zeitung schreiwe mer keng peppeg Artikelen iwwer stëpseg Theme, mä stepseg Artikelen iwwer peppeg Themen. Eis Lieser fille sech doduerch méi kultivéiert...
Emil: Langweileg...
Josephine: … a méi gebild wéi den ordinäre Lieser vun där inhaltsloser Klatschzeitung mat de Biller vu Google, där hiren Numm ech lo net soe well mer soss vun där analphabetescher Riisepäif vu Chefredakter verklot ginn!
McKenzie: Also, souvill Kritik huet d'WOXX lo wierklech net verdéngt. Op der Lescht steet lo een Här Kretta, en Hobby-Historiker, e Kenner vun eisem Land a vun eiser Sprooch, heiansdo heiert een en och um Radio an der Sendung "De Sproochennazi".
Alain: *(mecht een Hitlergruß)* Ech liewen einfach a gesond vu Weez an Hieselness.
McKenzie: Dir sitt responsabel dofir, datt eis Verfassung op Lëtzebuergesch iwwersat gëtt. Fir datt se verständlech ass fir all Lëtzebuerger... a keen Äuslänner.
Alain: Eng Gellecht!
McKenzie: Wonnerbar. Dann aus dem Service Informatique den Zacka Rousenhiwel... Dee wuel kompetentesten Informatiker äus dem Land. Hien huet dem Mobilitéitsministère en Twitteraccount ageriicht, der Regierung e Facebook-Account, an en huet dem Premier säi Bildschirmschouner gewiesselt. Dir sidd hei hinner gescheckt ginn fir aus der Verfassung eng App ze bastelen... Här Rousenhiwwel? "Zacka"?

(Den Zacka hieft kuerz séng Hand vun der Tastatur fir ze wénken, den Alain hieft och séng Hand)

Alain: Ech liewen einfach a gesond vu Weez an Hieselness.
McKenzie: Sou, da wollten eng deenen zwou klengen opporunisteschen Verréider-Regierungsparteien och mol eng Kéier bei eppes dobäi sinn, an hunn dowéinst iergendee matgescheckt fir mat op d'Fotoen.
Tanja: Jo, hei.
Josephine: Ech kennen iech net, sidd dir bei deene Gréngen?
Tanja: Nee, bei där anerer opportunistescher Verréiderpartei!
McKenzie: An dann nach de Leschten op der Lëscht, eise Vertrieder vun der Ënnerschicht, ongebild, proletaresch, authentesch... an de Gewenner vun der Asi-Tombola: De Wiertsen Emil.
Den Emil räpst.
McKenzie: Charmant. Dir sitt hei, fir dat alles richteg lëtzebuergesch ofleeft: Dir maacht domm Kommentarer, sitt bornéiert a stéiert déi Aner bei der Aarbecht.
Emil: Méng Spezialitéit. Wou sinn d'Umpalumpas ?
McKenzie : Häh ?
Emil : Ma déi déi schaffe währenddeem mir Kamelle friessen.
McKenzie: Ah, dir mengt d'Portugiesen! Gitt Iech keng Méih. Déi gesäit een net bei der Aarbecht.
Emil: Subtil!

McKenzie: Dat hei ass wierklech eng eemoleg Saach. Dir sitt déi eischt Zivilisten zanter... ëmmer, déi déi grouss Chance hunn, d'Verfassung ze besichtegen. Kommt mir no, bleift beieneen a freet Iech op ONS KONSTITUTIOUN !
Josephine: Ass dat den Titel vum Film?

McKenzie: Paackt naicht un an bleiwt zesummen a schloft net an. Lass geet et an den eischte Raum.

Szeen 5 – Monarchie

Eng Buedzemmer. De Grandduc setzt an der Buedbidden, d'Grandduchesse setzt um Schmickdesch.

Grandduc: Wann de Cousin vu mengem Brudder lo awer, aus wéi enge Grënn och ëmmer, sech nach eng Keier bestuede wéilt, huele mer mol un, aus iergendwelche Grenn, et weess ee jo nie, Leit si jonk, et ass mënschlech dat ee sech och mol a Saache rasteigert. Ech selwer wor och mol Jonk...
Grandduchesse: Geif een net mengen.
Grandduc: Ech weess einfach net, op mäi Kontakt zu menge Jongen nach sou optimal ass, a wéi engem Schouljoer ass eisen Alexandra lo?
Grandduchesse: Oh mon Dieu.
Grandduc: Zereck zum Punkt. Mir missten d'Familliegeriicht zesummeruffen, an nom Fürstenrecht hätt ech dann d'Aufgab fir déi adequat Strof, an dësem Fall wier dat, hm, ech mengen et wor d'Amputatioun vun enger Hand oder eppes an deem Genre, an ech fannen einfach net, dat dat nach zäitgeméiss ass. Mä d'Verpflichtung mech un d'Fürstenrecht ze halen...
Grandduchesse: ... Datts du mech aus Kuba entfouert hues a bestued hues, dat wor och net kompatibel mam Fürstenrecht. Wat ee Misere, dats du et deemols domadder nach net sou streng geholl hues.
Grandduc: Et wor net u mir, de Moment ze jugéieren, d'Fürstenrecht exercéiert emmer de Kapp vun der Famill, an dat wor deemols mäi Papp. Hien wollt eis Léift erméiglechen, sou een waarmhäerzegen Romantiker.
Grandduchesse: Romantiker, pahaha. Däi Papp huet gemierkt, dat matt deem ganzen Cousinnen-Bestueds just Behennertes rauskennt.
Grandduc: Du weess net vu wats du schwätz, Batista!

(Dir geet op, d'Delegatioun kennt ran)

McKenzie: Dir Dammen, dir Hären, mir sinn am eischte Sall, de Sall vun der Monarchie. Verschiddener vun iech wäerten sech schonns emmer gefroot hunn, firwat mer eng Monarchie zu Letzebuerg hunn...
Emil: Nö.
McKenzie: ... de Grond ass, dat d'Chinesen, d'Japaner an d'Inder immens op sou een Mettelalter-Kitsch stinn, an eise Wirtschaftsdelegatioune sämtlech Dieren opstinn, wann ee vun der groussherzoglecher Famill aus dem Fliiger klëmmt. Dir wëllt bestëmmt immens vill Froe stellen ?

Grandduc: *(him ass et zimmlech peinlech, mä hien versicht senger Roll gerecht ze ginn*) Mir woren guer net virbereed op dëse Besuch *(schwätzt op e mol mat franséchem Accent)* . Mä natirlech freeën ech mech, dat dir hei sidd, léif Biergerinnen an Bierger, d'Grandduchesse freet sech mat mir...
Grandduchesse: Dat hält sech a Grenzen.
Grandduc: Et ass mir eng Éier är Froen ze beäntwerten.
Emil: Ech hat iech an engem Reportage am Paris Delaize gesinn, meng Fra keeft déi emmer, do

wart dir op sou enger Zeremonie zu Strossbuerg...
Grandduchesse: Schrecklech Erennerungen, schrecklecht Iessen.
Grandduc: Jo, Repräsentatioun vu Letzebuerg ass eng Aufgab vun eis, an dir kënnt iech secher sinn, datt mir dat immens gewëssenhaft maachen.
Josephine: Ech ehm...
Grandduc: *(ass emouvéiert, huet eng Int an der enger Hand, eng Biischt wéi een Zepter an der anerer)* Sot näicht, ech weess, dir wäert iech lo bestemmt denken: Wat eis dat alles kascht, an dat ass eng gutt Fro, dat ass effektiv eng wichteg Fro...
Josephine: Nee, ech wollt u sech just froen, op ech eng Photo vun ärer Buedbidde maache kéint, mir hunn emmer eng grouss Photo op der eischter Säit, déi ëmmer sou bëssi mëssroden ass, sou dat d'Leit sech denken, et wier ee kriteschen Gedanken hannendrun. Är gëlle Buedbidden ass immens photogen...
Grandduc: Natirlech dierft dir eng Photo maachen. D'Bierger hunn alleguer d'Recht eng Photo ze maachen, mir geheieren jo de Bierger. Den Alpen, de Pyrenäen... alle Bierger ! Soll ech mech méi an d'Mëtt...
Josephine: Ma nee, et geet u sech just em d'Buedbidden.
Grandduc: Ech verstinn dat ganz gutt, ech hätt och meng Zweifel dorunner, op een een Monarch dann op all Photo misst hunn, Madame, genee wéi jo den Zweifel un der Monarchie absolut berechtegt ass, dat well ech guer net bestreiden. Op Iech muss d'Monarchie jo wierke wéi d'Disneyland, an ech wéi d'Micky Maus...
McKenzie: Sou, dat geet lo duer. De Grandduc brauch lo nees ee bessi Rou fir sech op seng Ried virun éisterräichescher Wirtschaftskummer virzebreeden. Madame Dikkrecher, hei geet et nees raus...
Grandduc: Tanja Dikkrecher, richteg? Jo, är Regierungspartei ass jo och eng vun deenen, déi u sech e Probleem mat der Monarchie als Staatsform hunn, an ech muss soen, dat ech dat zudéifst respektéieren an schonn ëmmer eng Fazinatioun fir politeschen Idealismus hat an...
Tanja: Selbstverständlech sinn d'Regierungsparteien net géint d'Monarchie. Mir hunn lo Verantwortung.
Grandduc: Mä stoung dat net mol an ärem Wahlprogramm?
Tanja: Oh vreck, dat ass laang hir. Deemols wore mir nach eng sozialistesch Aarbechterpartei.
McKenzie: *(bessi rosen)* Sou, kommt lo, hëpp, hei, lass, dajee...
Alain: Vive! Vive!
Grandduchesse: Oh Gott, kritt een dann nie seng Rouh.
Grandduc: Natirlech, also, ech verstinn...

(D'Delegatioun verleisst de Raum)

---

6 – Staatsrot

D'Delegatioun geet queesch duerch de Raum vun den Dieren an ass grad duerch eng aner Dier duerch, wéi den Chef vum SEL an de Raum vun den Dieren ukennt.

SEL-Chef: Keng Diskussioun ! Ech bräuch maximal Verstäerkung !
(Am Büro vum SEL, et ass Chaos, all d'Mataarbechter sinn um schaffen, d'Joffer Sufrang hänkt fir um Telefon an versicht ze verstoen, wat den SEL-Chef vun hier well)

Sufrang: Ech versti kee Wuert, Chef. Mä gutt datt der urufft, hei ass nämlech grad immense Buttek. Nei Skandaler. Dem Jean-Claude seng Jongen goufen dobäi erwescht, wéi se Steiergelder

am groussen Stil... Moment, ech froen mol kuerz no... *(rifft no hannen)* Weiee Jean-Claude? Hollerich oder Juncker?
Kevin: Op der Enveloppe stoung Finck, keng Ahnung ween dat ass. Mä all Ufank vun enger Missioun ass schwiereg, dofir hunn ech den Helikopter bestallt.
Sufrang: Et ass zimmlechen Chaos hei, mä de Pitti an de Kevin maachen sech lo prett fir d'Missioun.
SEL-Chef: Ech versti kee Wuert. Entweder ass d'Verbindung hei eng Zoumuddung, oder dee Brach deen Dir do zesummeräpst ass méi schlëmm wéi dem Luc Spada säin neit Buch.

D'Kamera schwenkt zur Säit, wou de Luc Spada un engem Dësch sëtzt seng Bicher ze signéieren.

SEL-Chef: Salut. *(an den Telefon)* Sou, ech si lo dobannen, maacht dat der heihinner kommt awer fex *(hänkt an. Zum Luc)* Här Spada, wat hutt Dir hei verluer?
Luc: Ech signéieren hei mäin neit Buch: Ich und Über-Mich.
SEL-Chef: Nee, ech menge wat maach Dir HEI?
Luc: Ma ech sinn an deem Film dobai, well Richtung 22 dëst Joër Budget krut.
SEL-Chef: Jo, mä du kriss awer näischt.
Luc: Ah... Ok... Schäiss... Wëll een eng Copie vu mengem Buch ofkafen? Mat Dédicace? Mä Moment, wat maacht Dir dann hei?
SEL-Chef: Sou Männchen, du seess mer lo wou déi Délégatioun hin ass, oder ech suergen dofir datt déng Theaterstécker net mol méi am TNL lafen.
Luc: Looss mech et sou ausdrecken: Riets oder Lenks sinn just Biller vun enger grousser Panikveranstaltung. Blabla, schéine Weekend.
SEL-Chef: Leck mech dach...

(Rennt duerch eng Dier)

Luc: Zut, ech hätt et op däitsch soe sollen.

(Den SEL-Chef ass am Raum vum Staatsrot ukomm: Hei zortéieren e puer Leit am Kostum Pobéieren un engem laangen Desch. Verschiddener vun de Leit sinn absolut onbeweeglech a kucken einfach just roueg op Blieder virun hinnen. Den SEL-Chef bleiwt un der oppener Dier stoen)

SEL-Chef: Wou ass d'Delegatioun, wou sinn ech hei?
Staatsrotsmember 1: Monsieur, dir sidd hei am Staatsrot.
Staatsrotsmember 2: Mir wessen net, wat genee mam Term "Delegatioun" gemengt ass, dat misst dir spezifizéieren, soss kéinte mer iech do eng opposition formelle aleeen.
Staatsrotsmember 3: Mir geifen des weideren virschloen, dat dir d'Dier zoumaacht, wann nämlech lo een vun der Regierung riwwer kennt...

(Op enger Säit vum Raum geet eng Dier op, een Mann a schickem Kostüm kennt ragelaaf, dee Moment entsteet awer och en Duerchzuch sou dat all d'Blieder vum Desch duercheneen fléien an Chaos entsteet.)

Regierungmember: Hei kuckt mol hei driwwer, dat hunn ech de Moien nach schreiwe gelooss, a mir wollten dat de Metteg duerch d'Chamber.... wahh.
Staatsrotsmember 1: Dir zou! Et zitt!
Staatsrotsmember 2: Zut, net schonn nees.

(Den SEL-Chef flücht aus dem Staatsrot an schleit d'Dier hannert sech zou, e kuckt sech em a sicht eng nei Dier, duerch déi hien laafe keint)

---

7 – Justiz

An engem Sall, deen un e Geriichtssall erennert, setzt d'Delegatioun an enger Rei op der Bänk am eidelen Zuschauerraum. En Prozess ass voll am gaangen.

Staatsanwalt: Här Mangen, hutt dir, jo oder nee, un deem Daaschdech (dat ass ee Mardi)vun deem hei Rieds wor, an ärer deemoleger Funktioun als Attaché vum Colonel Wirth matkruut, wéi am Etat Major um Härebierg rieds vun deem ominéise Bréif gaangen ass, an deem d'Kannermeedchen vum deemolegen Geheimdengscht-Chef Morgenthaler hierer Cousine, enger gewesser Madame Kayser-Eischen Undéitungen gemeet huet, datt si matkruut hätt, dat den Polizist Serge Roth wäerend der Bommenattack op de Luuchtepotto zu Uewerpallem net wäit dovunner ewech en Auto gesinn huet, deen och dem Fils vum deemolegen Stay-Behind Chef, Pierre Dörner hätt gehéiere können?
Zeien: Nee
Defence: Dee Mann veraascht eis dach. Am beschte Belairer Language ! Évidemment huet en eppes mattkruut, wéi hätt e soss wësse sollen, dat de Georges Biltgen, deemolege Collaborateur a Chargé fir Boissons alcooliques am Büro vum Premier Lanter, sur Place wor, wéi bei der Police vu Sterpenich driwwer geschwat gouf, dat den Här Andrich, dee jo vum SEL bei der Arméi ageschleist gouf, fir Informatiounen iwwer d'Opperatioun "PLAYMOBIL" ze kréien, Informatiounen doriwwer op enger Kassette gespäichert hat ween dann lo alles bei deenen NATO-Exercicer an deem Précoce zu Nidderdonven net participéiert hat. [...]

(Am Zuschauerraum erklärt de McKenzie de Memberen vun der Delegatioun desen Deel vun der Verfassung)

McKenzie: Hei si mer, wei der gesidd, am Raum vun der Justiz.
Josephine: Wéi dann? An der Verfassung gëtt de Bommeleeër-Fall behandelt?
McKenzie: *(ass irritéiert)* Jein. D'ass just eng Beschäftegungsmossnahm, fir dat hei keen op d'Iddi kennt, aner Beräicher méi an de Fokus ze stellen. Dat wir katastrophal fir eis Wirtschaft. Dat eenzegt Kontrollorgan, wat mir hunn, ass ee Staatsrot dee Rechtschreiwefehler iwwerpréift.
Alain: Eng ganz gutt Saach! Parallel eng Schan, datt sou eng Iwwerpréifung iwwerhat néideg ass. An dat just, well eis Politiker keen anstännegt Letzebuergesch schreiwen.
Tanja: Här Kretta, d'Gesetzer sinn op franséisch.
(Den Alain ass offensichtlech skandaliséiert)
McKenzie: Well d'Justiz jo awer zu enger Verfassung dobäigehéiert, gëtt hei bannen den "éiwege Prozess" organiséiert, fir datt eng lass ass. *(Fänkt un Popcorn un d'Delegatiounsmemberen auszedeelen)*
Josephine: Klever Iddi dat do.
Emil: Ass och salzegen Popcorn do?
Alain: Dat si gepuffte Kären
McKenzie: Sidd just w.e.g. roueg. Et ass wichteg, datt een och am Zuschauerraum net zevill Opmierksamkeet op sech lenkt.

Defence: Et ass archiclaire, dat et Leit gëtt, déi eppes wessen. A wa mer méi Leit hunn, déi ënner Eed aussoen, an et méi archiclaire gëtt, dat méi Leit eppes wessen, ass och archiclaire, dat méi Leit ënnert Eed net d'Wourecht soen. Dat ass virun allem de Fall vun deene villen Officiers militaires, déi hir Aarbecht wahrscheinlech intentionellement net accompli... accomplissaient... gemaach hunn.

Alain: Grausam, dat ass dach kee Letzebuergesch.
Emil: D'Säu ass gutt, dee wëll ech fir meng Scheedung !
McKenzie: Pst, méi lues !

Defence: Et ass jo nach nie an engem Procès juridique sou eng Sabotage vun der Enquête gemaach ginn, wéi an deem do.

Alain: Dat hei eis schéin letzebuergesch Sprooch dermoossen verkasematukkelt gëtt ass eng Schan.

Defence: Ech kloen d'Incompetence vun...

Alain *(rifft haart)*: Inkompetenz!

(Et gett kuerz roueg am Sall)

Richterin: D'Defence ass nach emmer drun.
Defence: Mir ruffen deen Här do hannen mat deem bronge Pullover op.
McKenzie: Ech hunn iech nach gewarnt, dir wollt net lauschteren.
Richterin: Dat ass d'accord. Deen Här am bronge Pullover an den Zeienstand.
Josephine: Oh, an elo?
Alain: *(steet op)* Do hu se sech lo awer geschnidden, vu mir gett et kee Wuert zu der doten Affär.
Riichterin: Numm a Beruff?
Alain: Kretta, Alain, Sprochnazi.
Riichterin : Bonjour.
Alain: *mecht een Hitlergruß)* Ech liewen einfach a gesond vu Weess an Hieselness.
Riichterin: D'Defence huet d'Wuert.
Defence: Kënnt dir iech net virstellen, firwat dir an den Zeiestand geruff gitt?
Alain: Eierlech gesoot: nee.
Defence: Aha. Här Kretta: Jo oder nee? Et huet eng Personne anonyme sech bei engem Conglomerat de Médias gemellt a gesot, hien hätt eng Perséinlechkeet aus dem ëffentleche Liewen moies beim Attentat um Findel héieren, wéi se alleng ee Liddchen gesongen hätt, an deem dat Wuert "Bommeleeër", méi wéi 3 mol virkomm wir. Fällt iech dozou näicht an?
Alain: Ech verweigeren all Ausso.
Riichterin: Ech erënneren Iech dorunner, Här Kretta, dat dir d'Froen vun der Defence sou gutt et geet beäntwerte musst.
Alain: Ech verweigeren all Ausso.
McKenzie: Dat do gëtt eng Laang.
Emil: Da maach dach iergendeen eppes.
Tanja: Ech kann naischt maachen, ech si vun der LSAP.
McKenzie: Ass et u mir fir eppes ze maachen? Et ass jo net meng Schold, oder?
Tanja: Mee dir wäert jo awer secherlech eppes maachen können, oder?
McKenzie: Dajee alt. Ech probéieren.

(Mc Kenzie wenkt dem Staatsanwalt)
Staatsanwalt: Ech verlaangen, datt de Prozess generell ënnerbrach gett.
Riichterin: Fuerderung oofgeleent.
Staatsanwalt: Ech verlaangen, datt de Prozessdag haut beend gett, an muer...
Riichterin: Dat ass net d'accord.
Staatsanwalt: Ech verlaangen, datt...
Riichterin: So du packs dech jo bal !
(McKenzie wenkt deem Staatsanwalt nach eng Kéier zou)
Staatsanwalt: Erlaabt der dann op mannst, dat ech den Här McKenzie fir eng kuerz Interventioun opruffen?
Riichterin: Accordéiert.
McKenzie: Ech verlaangen, dat den Zeie Kretta entlooss gett, en huet naischt zu der ganzer Affär baizedroen.
Defence: Dat doten ass eng Non-Argumentation.
Emil: Subtil!
Riichterin: Här McKenzie, ee bëssi Léift zum Detail w.e.g.
McKenzie: Ech sinn op de Schluss komm, dat des Delegatioun guer keen Volet "Action" huet, an och nie hat. An déi eenzeln Memberen haten och nie d'Informatiounen an d'Equipement fir sou Doten duerchzeféieren an se woren och nie dem Stay-Behind ennerstallt gewiecht. Eent vun hinnen war mol nach net gebuer! *(Tanja hieft d'Hand.)*
A mir mussen lo weider, dofir fuerderen ech nach eng Keier d'Entloossung vum Zeien Kretta.
Defence: Soueppes ass keen Thema, an déi Deposition ass näicht wäert. Den Här McKenzie huet déi Zäit guer net erliewt, an huet och net kënnen déi ganz Dokumenter liesen. An drëttens huet hien eng Conceptioun vun der ganzer Affär, déi konform ass zu där vun der Uklo. Dat heescht an anere Wieder: il est bon dans sa propre cause. D'ass een Anti-Temoin.
Riichterin: Här McKenzie, dir könnt iech nees setzen. D'Defence huet weider d'Wuert.
McKenzie: Ah zut, do hate mer lo Pech.
Tanja: Dann ass et lo eben sou, haaptsaach mir hu sou gemeet, wei wa mer probeiert hätten. Dee Saz ass iwwert der Entrée vun eiser Parteizentral an de Stee geméisselt.
(Ënnertitel: Authentesch!)
Josephine: An elo?
McKenzie: D'ass net sou schlemm, ech kommen den Här Kretta méi speit nach eng Keier sichen, wann bis 3-4 weider Zeien geheiert goufen, ass et wesentlech méi einfach en nees rauszekreien. Mir musse lo weider.

---

8 – Monarchie B

Grandduc: *(Nach emmer an der Buedbidden, ass um verzweifelen)* Wat ass dann nëmmen geschitt, ech hat dach sou grouss Dreem…
Grandduchesse: *(Nach emmer um Schminkdësch)*. Ech si mat engem Idiot bestued.
Grandduc: *(Ignoréiert konsequent wat d'Grandduchesse seet)* Meng Kanner, op wat sollen si eng Keier houfreg si können, wann hiere Papp alles an d'Wéi geluecht kruut, an näicht selwer zustaan bruecht huet.
Grandduchesse: Ech hätt sollen a Kuba bleiwen.
Grandduc: Ech sinn een Näischt. D'Lametta vun enger Natioun. Ech sinn en Anachronismus, dat 5. Rad um Won. Den Tabasco op enger Madelaine vum Lea Linster. De Kir royal op engem Kannergebuertsdag.

Grandduchesse: Ma da weess de lo och firwat ech mir no eiser Hochzäit esou eng Frustpanz ugefriess hunn.
Grandduc: Ech kann domat net liewen, wat soll ech nëmme maachen?
Grandduchesse: Tjo, häss de deemols virun e puer Joer net géint d'Euthanasie gemault, hätt ech lo eng Äntwert op deng Fro.

(SEL-Chef kennt ragerannt)

SEL-Chef: Kee beweegt sech. Wou ass déi Delegatioun?
Grandduc: Ech hunn et, ech muss rëm eng Kéier vu ganz vir ufänken. Ech maache rengen Dësch mat méngem bisherege Liewen, Tabula rasa!
SEL-Chef; (*genervt)* D'Delegatioun, wou ass se?
Grandduchesse *(fänkt un mat kräischen)*: Ech well d'Scheedung.
SEL-Chef: Wou ass déi... Mä Madame, mat allem Respekt, dir kënnt dach net...
Grandduc: Bierger vum Lëtzebuerger Land, läuschter gutt no a posaun et stolz an déi ganz Welt eräus: Mir, de Groussherzog vu Lëtzebuerg, Herzog vun Nassau, Grof vu Sayn, Königstein, Katzenelnbogen an Diez, Buerggrof vun Hammerstein, Här vu Mahlberg, Wiesbaden, Idstein, Merenberg, Limburg an Eppstein, si lo net méi de Groussherzog vu Lëtzebuerg, Herzog vun Nassau, Grof vu Sayn, Königstein, Katzenelnbogen an Diez, Buerggrof vun Hammerstein, Här vu Mahlberg, Wiesbaden, Idstein, Merenberg, Limburg an Eppstein. Mir ginn dat alles op, souwéi och déi nerveg Ugewunnecht vun eis selwer am Pluriel ze schwätzen. Ech wäert eppes maache woumat kee gerechent huet. Eppes, wouvu kee gedreemt hat. Eppes, wat nach ni och nëmmen iergendeen äus ménger ganzer Famill gemaach huet: Ech gi schaffen!
SEL-Chef: Waaaaaat?
Grandduchesse: Oh mon dieu, ech kéint katzen!
Grandduc: An ech loosse mech wielen!
SEL-Chef: WAAAAAAAAAAAT?
Grandduc: Ech well richteg Verantwortung iwwerhuelen, an deen éischte gewielte Präsident vun dësem Land ginn?
Grandduchesse *(fänkt un mat Saachen op de Grandduc ze schmäissen)*: Du bass einfach just nach lächerlech, direkt well ech zereck op Kuba. Kaf mir direkt e Fliiger.
SEL-Chef: Gewielte Präsident? Somol hues du se nach all, Dëlpes? Du mechs lo gefällegst dat, wofirs de gebuer bass a léiss der vum Staat déng Vakanz bezuelen!
Grandduc: Ech wäert als éierlechen Demokrat eng rieseg, emotional Wahlkampagne féieren. Ech well dësem Land Perspektive bidden.
(De Grandduc kritt eng Plastiksint vun der Grandduchesse an d'Gesiicht an fällt aus der Buedbidden, et heiert een näischt méi vun him, en ass K.O. d'Grandduchesse wend sech a Befehltoun und den SEL-Chef)
Grandduchesse: Sou! Dir huelt mech lo mat. Schäissegal a wéieen Hotel, haaptsaach d'ass Foie Gras um Kaffisdësch. Et muss ee jo kappkrank si fir heizebleiwen!
SEL-Chef: *(Versicht sech ze befreien)* Madame, ech kann ...
Grandduchesse: Dir kënnt mir dëse Wonsch net ausschloen, ech sinn är Kinnegin.
SEL-Chef: Groussherzogin.
Grandduchesse: Sot dem Ludovic e soll meng Valissen erofbréngen.
SEL-Chef: Madame, dir...
Grandduchesse: An d'Bijoue vun der Bomi ginn och mat.
SEL-Chef: Moment!
Grandduchesse: An d'Kanner bleiwen hei.
SEL-Chef: Ech... Moment ech ginn den Auto sichen. Hasta la vista, Batista.

(Den SEL-Chef leeft duerch d'Dier zereck an den Raum vun den Dieren, do ukomm, versicht en nees iwwer Telefon un säi Büro ze kommen)

SEL-Chef *(um Telefon)* Joffer Sufrang: Dir schéckt mir direkt e puer Leit hei rof mat Monarchie-Erfahrung. An all Rendez-Vousen vun der groussherzoglecher Koppel des Woch ginn ofgesot, wéinst onerwaartem Krankheetsfall... Wat?
Sufrang: Äer Verbindung ass wierklech net gutt, Chef. An dat kann lo nach bessi daueren, bis dat mer do ënnen sinn, den Roby aus dem Cactus Hobby ass grad hei, fir seng neisten Geheimdengscht-Erfindungen ze präsentéieren.
(De Roby erklärt de SEL-Mataarbechter.)
Roby: Dat hei ass e Bic, mat deem könnt der schreiwen.
SEL-Mataarbechter: Uhhhhh!
SEL-Mataarbechter 2: Mä ech ka guer net schreiwen!
Roby: An mat deser Füllfieder geet dat och. Mä hei hunn ech souguer Patrounen a verschiddenen Faarwen. OPPASSEN bei der Rouder Faarw, déi kritt een och mam Tintekiller net méi fort.
SEL-Mataarbechter 3: Zut, wéi kréien ech dat rëm äus mengem Hiem...
Sufrang: Ausserdeem sinn ech grad ee bessi Iwwerfuerdert, matt engem weidere Skandal...
SEL-Chef: Schéck mir direkt ee vun deene Schwachmaten hei rof! Weider Skandaler si lo irrelevant.
Sufrang: Mä et geet awer em d'ACEL.
SEL-Chef: Mir egal! *(hänkt an)*
(am Büro kuckt d'Joffer Sufrang verdaddert an den Telefon)
SEL-Mataarbechter 2: Moment, a wat fir ee Skandal ass d'ACEL da lo verwéckelt?
Sufrang: Hinnen ass de Béier ausgaangen.

---

9 – Justiz B

(Am Sall vun der Justiz, d'Defence an den Staatsanwalt stinn fir beim Riichterpult an diskutéieren mat der Riichterin. Den SEL-Chef kennt onbemierkt an de Raum a kuckt sech em.)

Richterin: Moment, net sou séier, all der Rei no, jiddvereen kennt drun. D'Defence ka lo mol seng Proposen opzielen.
Defence: De gréisste Verstouss géint alles wat mer sou u Grondrechter op der Lescht hunn, ass am Moment d'Iwwerwaachung vun all Mensch duerch den amerikaneschen Geheimdengscht. Do keinte mer iwwer Privatsphere an iwwer d'Onscholdsvermuddung schwätzen.
Richterin: Interessant, ass notéiert, jo, d'Staatsanwaltsschaft hat dozou nach eppes?
Staatsanwalt: Majo de Moment kéint een sech och mol carrément iwwerleeen, op een net d'Iwwerwaachung vum Bierger durch Internetfirmen thematiséiert, et keint een d'Justiz jo lo och mol als eppes verstoen, wat och zum Schutz vun de Menschen geduecht wier.
Defence: Ausserdem keint een jo, lo wou de Bommeleer Prozess ofgeschloss ass och mol eis em den aktuellen Geheimdengscht an eiser aktueller Regierung ee bessi méi genee op d'Fangere kucken.
Zeien: Dir kéint och dem Snowden Asyl ginn!
Richterin: Asylrecht, hm, ech erenneren mech düster dorunner, wou louch daat scho méi.
Staatsanwalt: Bei de Menscherechter?

Defence: Saugutt!
Richterin: Asyl- a Menscherechter: Dorems hu mer eis effektiv hei am Land schonn Eiwegkeeten net méi gekemmert, an dobäi leit dat dach direkt hei am Raum niewendrun. Wou kéinte mer do ufänken?

(den SEL-Chef ass wäerenddeems an de Raum komm, an kuckt sech em, en fennt d'Delegatioun net, mierkt awer, dat do eppes en engem grousse Karton mat der Opschreft "geléiste Fäll" wibbelt. E rappt de Karton op, erfier kennt den Alain Kretta.)

SEL-Chef: D'Hänn an d'Luucht. Wee bass du, gehéiers du hei zum Sall?
Alain: Ech geheieren wuel ee bessi dozou, ech sinn de Bommeleeër.
SEL-Chef: Watgelift?
Alain: Se hu mech fonnt an iwwerfouert. Ausserdem huet den Här vun der Verteidegung dann endlech opgehalen mat senger Franseisifizéierung vun eiser schéiner Sprooch.
SEL-Chef: De Bommeleer gouf fonnt. Dat ass... e Skandal!
Alain: Also, et soll een et lo net iwwerdreiwen, an emmerhin wor ech et jo net alleng, a mir woren jonk deemols an haten eben keng ze dinn. Du koumen de Ben Geiben, de Jacques Santer an de Prënz...
SEL-Chef: Schhhhhh! Du dements Gielemännchen, wanns du lo net direkt de Bak hälls maachen ech Kuddelfleck aus dir! So mer besser wat hei vu sech geet!
Alain: Ma si sichen sech lo nei Themen...

Richterin: Sou, dann kann ech iech jo och mol zielen, wat ech geduecht hunn, an zwar gesinn ech tendenziell a Probleem doran, dat eisen Apparat ze al ass. Vill ze vill Leit vun eis selwer hänken an iergendwelchen Verbindungen un iergendwelchen Muechtpoler.
Defence: Eieiei, da geet et eis un d'Gurgel, mä Si huet Recht, am Fong brauche mer eng Grondernéierung.

SEL-Chef: Du leiwer Joseph Bech. Grondernéierung! Ech gi mëll! Houere Schäiss.
Alain: Dir kéint och "Kretjeft" soen, dat wier méi...

(SEL-Chef leeft lass, aus dem Raum)

---

10 – Geschichte

(D'Delegatioun steet am Archiv, de McKenzie huet grad nach mat engem vun den Historiker geschwat a kennt zereck bei d'Delegatioun)

McKenzie: Mir sinn hei am Räum vun der Geschichtsschreiwung, deem Kapitel an der Verfassung, an deem et em eis national Symbolik geet. Gläich geet hei eng Präsentatioun lass, ech hu se schonn e puer mol gesinn, ganz amüsant. U sech geet et em Nationbranding. Letzebuerg ass eng Marque, an fir déi ze vermarkten brauche mer eng gudd Story. Et geet lass.

Historiker 1: Mir schreiwen eis Geschicht op, d'Geschicht vun dësem Land.
Historiker 2: Eis national Symbolik, déi kennt jo wuel all Kand.
Historiker 1: Ob Wope, Fändel oder Hymn, déi gëllt et eis ze hidden.
Historiker 2: A fir all Zäit z'erhalen. Dat maache mir heinidden.

Josephine: Vreck, dee Bop dee mer am Geriichtssall zreckgelooss hunn, dee géif hei grad eng Gäns kréien.
Historiker 1: D'Konzept vun Nationalitéit, dat ass nach net ganz al...
Vru knapp 300 Joer wor et Grouss a Kleng egal.
Historiker 2: Haut ass dat alles anescht, haut wëllen d'Leit eng Story
Vu Siegfried, Melusina, Oktav an all deem Schmorri.
Historiker 1: Vu Grofe, Gromprekichelcher, an och vum Jhang dem Blannen
Si mir dobäi all Dag an Nuecht d'Geschicht zesummenzespannen.
Tanja: Moment, huet dir eis d'Geschicht vun eiser ganzer Natioun just zesummegereimt?
Historiker 2: Illuster Personnagen, déi wir et jo och ginn
Hätt dat Konzept vun der Natioun ni d'Liicht vum Dag gesinn.
Wéi dat alles entstan ass, dat ziele mir iech lo
Mir weisen Iech och Diaen, kommt, kuckt a läuschtert no.
Emil: Dat huet eise Schoulmeeschter eis dach schonn an der Primärschoul verzielt!
Historiker 1: Dobäusse kennt keen d'Origine vu Kéis a Gromprekichelchen
Wat wierklech wor, dat wësse mir, dat steet a kengem Bichelchen.
Emil: Wann der mengt...
Josephine: Averstan, kënnt der just w.e.g. mat deem Michel-Rodange-Getuddels ophalen? Dat geet mer gehirlos op...

(Dia-Show geet lass)
Historiker 1: Den Territoire vun eisem Land gehéiert am Fong net eis
Net dem Fransous an net dem Belsch a scho guer net dem Preis.
De Spuenier ass Propriétaire vun Uelzecht, Sauer, Musel
Hien hat just séng Dokumenter verluer, deemols zu Wien am Dusel.
Historiker 2: An dunn hat hien zu London d'Déclaratioun vergiess,
Wéi hie spontan mol op der Thames ee Fish'n Chips gefriess.
Beweise kann hie guer näischt. Dat ass fir eis net schlecht:
Mir hun dës peinlech Tatsaach äus Buch an Heft geläscht.
U sech si mir all Spuenier, mä, psst, net weidersoen.
De Fändel kéim da wuel als nächst drun...
Historiker 1: ... Moment, dat wollt ech soen!
(si leeen een näechst Bild an)
Historiker 1: Beim Fändel hu mer Mëscht gebaut, sou leed et eis och deet,
Mir hunn dee Jugoslaweschen d'Ënnescht-d'Iewescht gemeet.
Dunn hu mer laang a breet erklärt wat Rout-Wäiss-Blo da soll,
Hu Blo fir d'Musel, rout fir d'Minett, wäiss fir de Wäi geholl.
An duerno hu mir réischt gemierkt - mir si villäicht eng Band -
Datt e genee sou äusgesäit wéi dee vun Niederland.
Mä dat wor guer kee Problem, well d'Leit sinn daf a blann
"Déi blo Faarf wierkt méi hell a grell", dat seet all Fra a Mann.
(si leeen een näechst Bild an)
Historiker 2: Eis Hymn kënnt äus der Schwäiz. Kee Witz! Déi ass gezoppt.
Historiker 1: Eis Sprooch ass Däitsch mat e puer Wuert Franséisch mat dra verstoppt.
Historiker 2: Den Job ass haart wéi dir gesitt.
Historiker 1: *(gesäit den Emil apennen)* Pass op! Deen Här entnäipt...
Historiker 2: Kee Problem, da sangen ech kuerz vum Rescht dee mer geknäipt:

(Song-Moment: Am Hannergrond kommen Trommelwirbel an e puer Akkorden)

Tanja: Dir wäert dach lo net ufänke mat sangen. Dat kënnt der dach souwisou net. D'Leit hate sech réischt no deem läschte Film sou opgereegt.
Historiker 2: Du hues grad voll mäi Flow versaut!
Historiker 1: Net sangen, net reimen, net ze vill onkorrekt Witzer maachen... Et mengt ee bal, eist Publikum géif äus humorlosen Éislécker Bauere bestoen.
Historiker 2: Somol, firwat kënnt eigentlech an all Richtung 22-Film ee Witz iwwert d'Éislecker?
Historiker 1: Waars du schonn eng Kéier do owwen?
Historiker 2: Nee.
Historiker 1: Do owwen, am Éisleck, ass dee gréissten Aarmut äus dem Land. D'Leit hunn näischt äusser hire Gromperen an hire Kéi. Zu hirem Ongléck schwätze si och nach mat engem Accent dee kléngt wéi wann eng Kaz ënnert den Trakter kënnt. Si hu kee Stroum, keen Internet, a keng Stroosse fir vun engem schappege Kouhduerf an dat anert ze kommen. An ee Sënn fir Humor hu se eben och net. An äusserdem...
Josephine: Sot mol, kënne mer vläit op d'Thema zréckkommen. Wollt dir eis net soe, wat dir soss nach iwwerall geklaut hutt? Vun Nationalsymbolik?
Historiker 2: Nationalsymbolik?
Historiker 1: Nationalsymbolik?
Historiker 2: Nationalsymbolik!
Historiker 1: Nationalsymbolik!
Historiker 2: Dat wor et!
Historiker 1: Richteg!
Historiker 2: Wat mer Iech nach ziele wollten...
Historiker 1: Nationalsymbolik...

(D'Bild gëtt schwaarz. Mir si rëm am RTL-Studio)
Moderator 1: Mir wëllen eis am Numm vu Richtung22 fir déi läscht zwou Minutte vun dësem Film entschëllegen. D'Dréihbuch huet de Roude Fuedem verluer. Mir schalte rëm riwwer, soubal de roude Fudem rëm fonnt gouf.
(privat mam Moderator 2)
Also ech huelen ëmmer 500 Gramm Mascarpone, réieren dee mat Eegiel, Pudderzocker an Amaretto zu enger Crème. Da schloen ech d'Eewäiss sou richteg steif, a réieren dat drënner. Dann, d'Biscuiten, déi muss de am Espresso opweechen. Voilà, an da baus de Couchen iwwerteneen, Kichelcher, Mascarponecrème, Kichelcher, Mascarponecrème, Kichelcher...

Moderator 2: Du sooss virdrun Amaretto... Muss wierklech Alkohol an den Tiramisu?
Moderator 1: Somol mat wéiengen Hornochse muss ech hei eigentlech zesummeschaffen. *(steet rosen op a geet räus. De Moderator 2 kuckt an d'Kamera, 't ass him mega peinlech, hien hëllt eng Panflütt räus a fänkt un drop ze spillen. Da flitt him e Fësch an d'Schnëss.)*
(D'Bild gëtt schwaarz. Mir si rëm bei den Historiker)

Historiker 1: Nationalsymbolik!
Historiker 2: Richteg! Also d'Wopen, de roude Léiw hu mer vun engem Zeechentrickfilm geklaut. Do wor de Léiw zwor net roud, mä egal. An den Nationalfeierdag hu mer vun Alice in Wonderland geklaut, den Net-Gebuertsdag vun der Grandduchesse Charlotte.
(si leeen een nächst Bild an)
Historiker 2: An domadder si mer um Schluss vun eiser Laterna Magica Präsentatioun.
Historiker 1: Mir soen iech villmols Merci.

Historiker 1 + 2: Villmols Merci.

(Se schalten den Projektor aus, zögerlechen Applaus vun der Delegatioun)

McKenzie: Sou, mer ginn dann lo direkt weider...
Josephine: *(zu den Historiker)* Dat heescht eis ganz Natioun ass erfonnt. Ahjo, interessant. Ech maan hei just nach sou eng komesch Makro-Photo vun deem Stull hei, Pardon.
Emil: Gëtt et lo iergendwann och eppes ze saften?
Tanja: Ech sinn zwar ee bessi schockéiert, dat eis ganz Natioun just erfonnt ass.
Historiker 1: Dat maachen déi aner Länner genee sou.
Historiker 2: Haaptsaach, d'Letzebuerger sinn zefridden.
Josephine: Natirlech si mir Letzebuerger zefridden, mir sinn dach ee Vollek, wat sou liicht ze betuxen ass.
Emil: Ech sinn awer stolz drop Lëtzebuerger ze sinn, a kee Preis, a kee Fransous...
Historiker 1: Vollek...
Emil: A keen Ukrainer, a kee Palästinenser...
Historiker 1: Do hutt der eppes ugestouss lo.
Historiker 2: Dir hutt déi brisant Fro ugestouss. Déi eis permanent Kappzebrieches brengt.
Historiker 1: Mir hunn des ganz Natioun fir d'Letzebuerger zesummegebastelt, mä ween sinn d'Letzebuerger.
Historiker 2: Ween ass d'Letzebuerger Vollek, fir dat mer an deenen leschten Joerzengten des wonnerbar Natioun erfonnt hunn?
Emil: Ma dat misst dach einfach gekläert sinn, dat steet dach bestemmt an engem vun äre schlaue Geschichtsbicher.
Historiker 1: Eben net.
Historiker 2: Tjo, an bei der Fro hänke mer.
Historiker 1: Wat mir méi déif an der Geschichtskescht wulle ginn, wat mer manner Leisungen fannen. D'Existenz vun engem letzebuerger Vollek ass net ze beleeen.
McKenzie: Mir briechen lo definitiv op, dat do interesséiert dach kee Schwäin méi.
(D'Delegatioun steet lues op)
Historiker 2: Mir hunn do uganks een ähnlech groussen Opwand bedriwwen wéi déi meescht europäesch Länner, an sinn no iergendwelch historesche Stämm siche gaangen, déi iergendwann iergendwou hei an der Géigend hiert Holzheischen opgestallt haten, fir e Mythos vum "Ur-Letzebuerger" ze kreeieren. Et wor net méiglech eng Linn ze zeien, tescht den Ethnien ronderem eis.
Historiker 1: Mir sinn dann dozou iwwergaangen einfach all historesch Perseinlechkeeten als "Letzebuerger" ofzestempelen, wann se och just 2 Deeg an der Géigend hei laanscht komm ass. Vun deenen hu mer dann d'Stammbeem verfollegt. Mä déi Leit sinn natirlech iwwerall an Europa verspreet.
Historiker 2: Mir hunn versicht d'letzebuerger Vollek kulturell ze definéieren: e Fiasko.
Historiker 1: Mir hunn souguer no letzebuergeschen Genen gesicht, enger Hoerfaarw, déi just op desem Territoire firkennt, mä alles emsoss. Och dat ergett nach keen "letzebuergescht Vollek".
Historiker 2: Lo froe mir eis: Wann et kee letzebuergescht Vollek gett, fir ween hu mer dann des wonnerschéin Natioun erfonnt?

<u>11 – Kosovosiggi</u>

(Un enger Grenzbreck vum "Ausland" a Letzebuerg. De Kosovosiggi an zwee Polizisten waarden gespaant op der letzebuergescher Säit.)

Kosovosiggi: Jongen, opgepasst, et geet lass.

(Aus dem Gebüsch vun der anerer Säit sprengt een Mann a Kostüm a Kravatt. An béiden Hänn huet hien jeweils e Koffer, aus deem d'Euros-Schäiner nach zu de Säiten rauskucken. En sprengt op Bréck an leeft sou séier e kann op déi aner Säit.)

Kosovosiggi: Mir ginn him Deckung!

(Hien fänkt un mat sengem Maschinnegewier dat anert Ufer ze duerchlöcheren. De Mann mat de Kofferen huet et schlussendlech gepackt,

Mann mat Kofferen: Danke.
Kosovosiggi: D'ass näicht, mir hellefe gären.

(De Mann mat de Koffer gett vum Kosovosiggi an deenen zwee Polizisten an een Auto bruecht, dat no bei steet, an dat direkt lassfiiert. De Moment wou et fortgefuer ass, kenn hannert dem Auto eng Bänk zum Virschäin, op der een anere Mann roueg setzt).

Polizist 1: Wow, Kosovosiggi, du bass genial!
Polizist 2: Jo wierklech, an du hues sou eng cool Waff.
Kosovosiggi: Tjo, ech hu mech innerhalb vun der Inlandsfrontex selbstständeg gemeet, an an der Privatindustrie huet een eben och sou Waffen.
Polizist 1: De Wahn.
Polizist 2: Kanns du eis net nach e puer cool Tricker weisen?
Polizist 1: Jo, check deen Typs do op der Bänk, dat ass bestemmt en Asylant.
Polizist 2: Krass, jo, an d'Sau mecht ee Setzstreik.
Polizist 1: Tatsächlech, dat geet jo awer net.
Polizist 2: Dajee Kosovosiggi, weis eis wéis du mat Asylanten eenz gess.

(Si stierzen sech op deen Typ op der Bänk, d'Kamera schwenkt awer riwwer op d'Strooss, an et ass eng ganz Zäitche laang den SEL-Chef ze gesinn, deen vu wäit fort an d'Bild gelaaf kennt. Eischt dee Moment wou hien no un der Szeen drun ass dréint sech d'Kamera mat him Richtung Bänk zereck. D'Polizisten hunn de Mann a Fatzen geschloen an setzen op him. De Kosovosiggi ass rëm eng Kéier total mat Bludd iwwerstréimt.)

SEL-Chef *(ausser Otem)*: Kosovosiggi. Ech brauch dringend deng Hellef.
Kosovosiggi: Salut Jean-Guillaume, wat kann ech guddes fir dech maachen?
SEL-Chef: Du wees dach, deemols, virun 30 Joer *(flüstert dem Kosovosiggi eppes an d'Ouer).*
Kosovosiggi: Mhm, okay, verstann. *(Leeft aus dem Bild. Den SEL-Chef kennt sou lues zu Otem)*
Polizist 2: Deen Typs huet mech krass verletzt, wou ech him mat der Fauscht d'Zänn ausgeschloen hunn.
Polizist 1: An lo? Pack mol d'Stecker an. Wou brenge mer se hin? Op Schraasseg oder gi se expulséiert?
Polizist 2: Schraasseg ass voll, direkt an de Fliger domat. Zut, *(huet e bluddegen Aarm am*

Grapp) ech hu meng Ökostuut vergiess.
(Eng extreem Explosioun aus der Richtung, an déi de Kosovosiggi verschwonnen ass, erschüttert d'Szeen. D'Polizisten erféiere sech, den SEL-Chef huet d'Explosioun ignoréiert)
Polizist 1: Waaaaaah.
Polizist 2: Wat wor dat?
Polizist 1: Eng rieseg Explosioun, geif ech soen.
Polizist 2: Dofir huet dese Film dach guer kee Budget.
Polizist 1: Déi Stroummasten dohannen huet et erwescht.
(De Kosovosiggi kennt nees an d'Bild gelaaf)
Kosovosiggi: Voila.
SEL-Chef: Okay, kommt mat.
(Si laafen nees dohinner zereck - aus dem Bild - , vu wou den SEL-Chef komm wor. Se kommen an de Sall vun den Dieren gelaf. Den SEL-Chef gett dem Kosovosiggi lescht Instructiounen an dreckt sie an den Raum vun der Justiz, vun deem d'Dier nach oppen steet an mecht d'Dier zou)

Luc Spada: Wann iergendeen iech soe geif, de Bommeleeer-Prozess wier riwwer, sot him, dat wier gelunn. Den Bommeleeer-Prozess ass ni riwwer.

(den Telefon vum Geheimdengscht-Chef schellt)

SEL-Chef: Joffer Sufrang. Wou der Däiwel ass meng Verstäerkung.
Sufrang *(liicht bedronk)*: Déi ass ehm *(kuckt sech em)* um Comptoir am mecht sech prett.
SEL-Mataarbechter 2: *(voll, an um Comptoir)*: Gereseselt, net gereierert.
SEL-Mataarbechter 3: Aus dem Glas, net aus der Fläsch
Sufrang: Mä dowéinst ruffen ech guer net un, oder hutt dir ugeruff?
SEL-Chef *(Hält den Telefon net méi un d'Ouer)*: Wou ass d'Delegatioun? Bitte, Spada.
Luc Spada: Also, no deems datt se am Justizraum wor, woren se secher an d'Archiv.
Sufrang: En neie Skandal, Chef, deen mer ooooonbedingt léise mussen, soss gett et ganz ganz schlemm.

---

12 - Demokratie

(D'Delegatioun ass am näechste Raum: engem Wahlbüro, andeem e pur Leit geschäfteg hin an hier laafen, 2 Wahlkabinnen stinn am Raum, an op Descher virdrunner leien allerhand Blieder, an der Mett vum Raum steet d'Urne)

Wahlbürosleederin: *(ass iwwerdriwwen begeeschtert vun all den Ernéierungen a sengem Kapitel)* Wat si mir frou lo endlech mol Leit hei ze hunn, fir all eis nei Prozeduren vun der PARTIZIPATIVER Demokratie testen ze können. Stellt iech hei an d'Reih, an dann geet et noeneen an eis schunkelesch Wahlkabinnen, wou är Stëmm zur Stëmm vum Vollek gett!

McKenzie: Wéi der bestemmt wësst ass eist Land eng Demokratie.
Emil: Ech duecht eng Monarchie?
McKenzie: Dat och, mä... oh, d'ass och egal. Roueg w.e.g. Jiddwerfalls si mer lo hei am Raum vun der Demokratie, an dee Raum befennt sech grad am Embau.

Tanja: Dat ass awer schéin, a wichteg.
McKenzie: Majo, dat huet jo och är Regierung sou duerchgesat.
Tanja: Also do muss ech lo awer widderspriechen. Méng Partei huet näicht duerchgesat.
Josephine: Wéi gett et da verännert?
McKenzie: Dir nervt mat äre Froen, d'ass dach u sech egal wéi, mä et geet drem dat se emgebaut gett. Natrilech wäerten d'Leit net méi Pouvoir kreien oder sou, haha, et geet just drëm, dat d'Vollek gefill huet ee bëssi matspillen ze dierfen.
Tanja: Dat ass jo och wichteg, dat d'Vollek d'Gefill huet eescht geholl ze ginn.
McKenzie: Genee.

Wahlbürosleederin: Huhu. Et ka lass goen. Bei eiser éischter neier Prozedur geet et em *(kuerz dramatesch Paus)* REFERENDEN. Bei folgende Froen wäert äer Meenung herno wierklech eescht geholl ginn.
Emil: Subtil!
Wahlbürosleederin: Ech stelle kuerz fir *(räuspert sech theatralesch)*:
Bei der eischter Fro geet et direkt em ee Joerhonnertthema, dem «Financement des cultes», eng richteg wichteg Fro, deemno:
- Soll beim Akaaf vun den Käerzen fir d'Kiirchen zukünfteg weiderhin deen deiere Modell aus Beiewuess, oder soll vun lo un deen méi präisgenschtege Modell aus kenschtleschem Wuess kaff ginn. JO oder NEEN

Dann, wow! eng Fro iwwer d'Recht ze wielen: "Sollen Leit am Alter iwwer 80 Joer nach wielen goen dierfen?" JO oder NEEN. Hei gett wierklech Demokratiegeschicht geschriwwen. An dann gett et souguer nach eng drëtt Fro fir iech, an zwar zur Mandatsausféierung vun de Minister: "Däerf ee Minister, deen d'Ressorten Arméi an Wirtschaft, schonn eng Kéier a Kombinatioun mat Sport a Medien hat, sech duerno nach em d'Voleten Wunnengsbau, Kultur a Schoul kemmeren, an parallel Ausseminister sinn? JO oder NEEN. Lass, lass, lass. Just eng Persoun pro Wahlkabinn w.e.g.

(Am Zäitraffer ass ze gesinn, wéi d'Leit déi eenzel Referendumsfroen beäntwerte ginn.)

Wahlbürosleederin: Dir maacht dat all sou gutt, lo hätt ech hei nach ee puer Kanton-vereenegungsreferenden fir iech, an vir ee bessi roofzekommen en Test fir d'Europawahl: Do wesst der jo awer souwiesou, dat déi keen Ënnerscheed mecht gell, da sidd der net enttäuscht. A lass lass lass.

(Nees geet et am Zäitraffer lass, et gett e bessi méi chaotesch, den Emil leet sech e puer mol op d'Schness, bleiwt an der Wahlkabin hänken, d'Josephine hätt bal d'Wahlurne emgeheit an versicht d'Biccer ze klauen an d'Tanja brauch emmer immens laang)

Wahlbürosleederin: Dat klappt jo wonnerbar mat der partizipativer Demokratie, mir hunn dann einfach nach e puer weider Referendumsfroen fir iech virbereed:
- Wéi eng Rees kritt den OPL d'näechst Joer gestrach: déi a Japan oder déi op New York
- Faarw vun de Bänken am neie Stadion: Bordeaux-Roud oder Orange-Rout
- Vegetareschen Dag an der Chamberskantine, JO oder NEE

(En Member vun der Regierung, deen, deen schon am Staatsrot opgetaucht ass, kennt rann, hallt sech den Zeidel mat der Veggie-Day-Fro, zerrappt en, an geet nees raus)
Bon, déi lescht Fro ass vum Desch.

(Den Zäitraffer geet nees un, et kommen emmer méi Froen, no an no faalen emmer méi vun den

Memberen vun der Delegatioun em, bzw schlofen an der Wahlkabinn, d'Wahlbüros-leederin kennt emmer nees mat neie Froen an Ziedelen un.)

Wahlbürosleederin: Sou, fir haut ass de Referendumstest mol riwwer, mä well et sou gutt geklappt huet sinn ech mer secher, dat ... hallo?
McKenzie: Dat gett et dach net, lo sinn déi all ageschlof
Wahlbürosleederin: Ah, ageschlof, vun Opreegeung, jo dat ehhhh...
McKenzie: *(Geet d'Delegatioun wakreg reselen)* Dajee, opgestanen. Dat ass wierklech e Trauerspill mat iech, hätt ech dat gewosst, hätt ech mech net sou einfach als Guide hei ugebueden
Wahlbürosleederin: *(steet nach emmer verdattert fir am Raum)* Ageschlof well se nämlech, sou begeeschtert vum Wielen, vun der Erfellung vun hierer ehhhhhh...
McKenzie: Emil, wou ass den Emil *(hien fennt den Emil an enger Wahlkambin schlofend)*
Wahlbürosleederin: Dann, jo, dann ehm. Maache mir lo wuel mol d'Auszielen, jo...
McKenzie: Mat iech kann een wierklech neierens higoen.

(McKenzie an d'Delegatioun verloossen de Raum. Am Raum vun den Dieren)

McKenzie: Sou, ech mengen mir briechen d'Tour lo of, ech brengen iech zereck, dir hutt genuch gesinn, an dir nervt.

(en Handy schellt. D'Leit vun der Delegatioun kucken sech ennerteneen un, et ass awer kee vun hinnen. D'Kamera schwenkt riwwer, et ass dem Luc Spada säin Handy)

Luc: *(räuspert sech a geet drun)* Brauchen sie die Verse eines Künstlers oder die Worte eines Narren? ... Ah ... jo ... Kloer, Sekonn. *(gett den Handy weider un den McKenzie)*
McKenzie: Ween ass et? Hallo?
Stemm: Bréng se bei mech.
McKenzie: Ech soll se bei Iech bréngen?
Stëmm: Bréng se bei mech.
McKenzie: Ech soll se bei Iech bréngen?
Stëmm: Jo, hei, kënne mer mat deem Blödsinn ophale w.e.g.?
McKenzie: Kee Problem, mä ech weess net, op dat sou eng gutt Iddi ass, se si wierklech langweileg, se verstinn näicht an...
Stemm: Bréng se bei mech, se wäerten scho verstoen.
McKenzie: Okay, dat heescht ech briechen d'Tour lo of.
Stemm: Briech d'Tour lo of. A bréng se bei mech.
McKenzie: An ech féieren se och net méi duerch de Raum vun de Gemengen.
Stemm: Dajee alt. Mä maach seier. A bréng se bei mech. *(hänkt an)*.
McKenzie: Kommt mat, et geet an d'Häerzkummer.

(nach eng Kéier am Raum vun de Wahlkabinnen)

Wahlhelferin: Madame, hei sinn déi eischt Héichrechnungen
Wahlbürosleederin *(sprengt hannert de Computer)*: Spannend, Spannend, Spannend...
Wahlhelferin: Gesäit sou aus, wéi wann d'Wahlbedeelegung kontinuéierlech rofgaange wier.
Wahlbürosleederin: Oh.

---

13 - Geschichte B

(Am Archiv: D'Historiker setzen um Buedem an streiken, se halen zwee Scheller, eent mat der Opschreft "Natiounen si sou 18t Joerhonnert" an eent mat der Opschreft "Modern Geschichstsschreiwung lo")

SEL-Chef: Dir zwee Virgäertercherskomiker stitt lo direkt op, an maacht viru mat ärer Aarbecht.
Historiker 1: Kennt guer net a Fro.
Historiker 2: Mir schaffen net méi fir Natiounen an Völker, an deen ganze Pseudo-Historesche Blödsinn. Mir wellen d'Géigenwart beschreiwen an festhalen. Letzebuerg ass een wäertvollt Beispill vun engem Postnationale Staat. An d'Inexistenz vun enger letzebuergescher Natioun ass phänomenal. Wat dat fir Chance bidd.
Historiker 1: Dowéinst streike mer lo.
SEL-Chef: Dir streikt? Dat ass ee Skandal. Soueppes gett et zu Letzebuerg guer net. Opwuel... Moment! *(Hien hellt ee grousst Buch raus um Cover eng grouss Photo vum Claude Meisch, Titel: "Widderstand zerbriechen - e schmierregen Guide zur Autokratie")* hei stoung eppes iwwer Streiken dran *(sicht a bliedert duercht d'Buch)* Streik, Streik, Streik, ah hei. Emgank mat engem Streik, Gréisst spillt keng Roll. Seet meng Fra.
1. Soen dat de Streik eng gutt Saach ass, Menschen eppes schéines sinn, an een zesummen ëmmer iwwer alles schwätze kéint.
2. Soen, dat d'Dier vum Ministere emmer op ass. Dat kennt och an der Öffentlechkeet gutt un, an inhaltlech muss een trotzdem keng Zougeständnisser maachen.
3. Einfach sou weidermaachen wéi virdrun, a sollt et awer zu Gespräicher kommen, einfach op Duerchzuch schalten, eventuell och...
POIVRE-Chef: Dann musst dir elo mol d'Hänn an d'Luucht maachen!
(Den POIVRE-Chef kennt matt engem Assistent vun der Säit an d'Bild, mat gezeckten Waffen. allen zwee sinn an laang däischter Kutten gekleed, an droen schwéier, grouss Kräizer em den Hals)
SEL-Chef: Francois, a wat hutt dir dann hei an der Verfassung verluer.
POIVRE-Chef: Aha, Jean-Guillaume, dech op der Plaatz ze fannen, wou grad de meeschten Zoddi ass, verwonnert mech net.
SEL-Chef: Wat soll dat heeschen?
POIVRE-Chef: Dat däi "SEL" de Buttek mol nees net enner Kontroll kritt.
SEL-Chef: Et ass alles enner Kontroll.
POIVRE-Chef: Dat gesäit fir mech awer ganz aanescht aus. Mir vum kathouleschen Geheimdengscht, dem "POntifex-4(IV)-REnseignement" si jiddverfalls drop opmierksam ginn, dat hei ennen an der Verfassung wuel eng méi lass wier, an dat huet eis bedenklech gestemmt, wéi Masturbatioun mat Hëllef vu aneren. Ka jo sinn, dat se beim SEL ee bessi al gi sinn...
Historiker 1: Deen Numm klengt e bessen, wei wann der iech vill ugestrengt hutt fir dass herno Poivre do steet!
SEL-Chef: Äre Match ass riwwer, Paschtouer.
POIVRE-Chef: Wat hu mer dann hei, dat gesäit mir jo ganz aus wéi ee Streik. Boah, Interessant. Glecklecherweis hunn ech do ee Buch gelies, ech weess net op dir am SEL soueppes wéi Bicher hutt, jiddwerfalls weess ech beschtens bescheed *(zitt een identescht Buch "Widderstand zerbriechen" raus an verdéift sech dodran).*
SEL-Chef: *(waard ee Moment of)* Ech muss lo lass, wichteg Fäll waarden dorop vum SEL geleisst ze ginn. De Premier an dat ganzt Land zielt op mech. *(verleisst de Raum)*
POIVRE-Chef: Kleveren Typ, deen Claude Meisch, wann d'Kierch ee bessi méi vun deem

senger PR ofgekuckt hätt, hätte mer haut och nach d'Inquisitioun um Rudder.

---

14 - Demokratie B

(Am Wahlbüros-Raum: Alles ass nees opgeraumt, an d'Leit vum Wahlbüro sinn all monter an zefridden, wéi déi eischte Kéier)

SEL-Chef: D'Hänn an d'Luucht, kee beweegt sech. Zut, wéi oft hunn ech dee Saz haut scho gesot? Wou ass d'Delegatioun?
Wahlbürosleederin: *(ass iwwerdriwwen begeeschtert)* Wat si mir frou lo endlech mol Leit hei ze hunn, fir all eis nei Prozeduren vun der PARTIZIPATIVER Demokratie testen ze knnen.
SEL-Chef: Si sinn net hei? Awer sinn och näicht futti gemeet? Keng Skandaler? Verwirrung, Beonrouegung? Hei leeft alles sou wei et soll.
Wahlbürosleederin: Stellt iech hei an d'Reih, an dann geet et noeneen an eis schunkelesch Wahlkabinnen, wou är Stëmm zur Stëmm vum Vollek gett!
SEL-Chef: Vergiess et du Quetsch, ech muss direkt weider, ech si frou dat hei alles...
Wahlbürosleederin: *(frou awer decidéiert)* Dir bléiwt genee do wou der sidd. An desem Land gett et Wahlpflicht.
SEL-Chef: Mä Madame...
Wahlbürosleederin: Hei sinn är Wahlennerlagen, Kabinn Nummer 2 ass fräi.
(SEL-Chef leeft bei d'Wahlkabinne, breed d'Ziedelen aus)
SEL-Chef *(schwätzt mat sech selwer, Kamera Egoperspektiv)*: Allez hepp, séier, séier, wou steet de Jean-Claude... Hä, wat ass dat? Asou, déi Pseudoreferenden, wat woren do scho méi d'Froen... 1. "Brauch Letzebuerg eng Arméi - JO oder NEEN"... WAAAAAAAAAT?

(Den SEL-Chef kennt aus der Wahlkabinn gefall)

Wahlbürosleederin: Ären Wahlziedel w.e.g. zesummengediebelt an des...
SEL-Chef: Wat sinn dat fir Froen?
Wahlbürosleederin: Gell, do sidd der lo iwwerrascht. Wéinst der niddreger Wahlbedeelegung hu mer eis lo mol iwwerluecht, lo wesentlech méi relevant Froen ze stellen, grondleeend Saachen, déi...
(De Rideau vun der anerer Wahlkabinn gett op d'Säit gezunn, an de Grandduc trett erfiir)
Grandduc: Et ass een historesche Moment, ech sinn selwer nach ganz wackeleg op de Been. Ech hu grad per Referendum fir d'Aféierung vun enger Republik gestemmt *(En ass bei der Urne ukomm, an huet säi Wahlziedel rageheit.)*
SEL-Chef: Neeeeeeeeeeeeeeeeee

(Den SEL-Chef sprengt op d'Urne, rappt se u sech a fällt mat hier op de Buedem, d'Wahlbürosleederin ass entsaat, den Grandduc dreint sech em an leeft a Richtung Dier)

SEL-Chef: Haalt en un! Deen däerf net hei raus! Soss vreckt de ganze Buttek!

(Den Grandduc ass zur Dier raus, den SEL-Chef sprengt op, a rennt mat der Urne am Grapp hannendrun)

---

15 Verfolgungsjuegt

(Eng grouss Verfolgungsjuegd geet lass, an der den SEL-Chef den Grandduc duerch all méiglech Réim joot, déi scho virkomm sinn, an natirlech emmer nees duerch de Sall vun den Dieren. Och d'POIVRE-Missioun, an d'Delegatioun ass nach ennerwee, all d'Gruppen verpassen sech emmer nees ganz kanpp am Sall vun den Dieren. Am Staatsrot-sall fléien d'Pobeieren nees all duercheneen, am Justizsall wenkt de Kosovosiggi vun der Uklobänk, am Sall vun der Monarchie fällt de SEL-Chef an d'Buedbidden [Kuerz Ennerwaasser-Szeen] an rennt naass weider. Den Grandduc huet en verluer, um Gank begéint hien och keen méi, och de Luc Spada ass fort, hien stolpert an iergendeen anere Raum ran)

---

16 - Staatsziler

(Komplett futti ass den SEL-Chef an engem riesegen, eidele Raum geland. Just an der Mett vum Raum ass eng Botzfra amgaangen ze staubsaugen. Lues geet den SEL-Chef an hier Richtung, an bleiwt, weider no Otem sichen bei hier stoen.)

SEL-Chef: Wat ass dat hei fir e Raum?
Botzfra: Den Sall hei ass iwwereg gebliwwen, wou se d'Verfassung geschriwwen hunn.
SEL-Chef: Ah.
Botzfra *(mecht de Staubsauger aus, a hellt eng Thermoskann matt Kaffi erfieer)*: Jo, hei gesäit een, wat fir e Potential eis Verfassung nach gehat hätt.
SEL-Chef: *(laang Paus)* Oh.
Botzfra: Et hätt een nach allerhand gescheites raschreiwe können. Sozial Rechter, déi keint een z.B. an enger Verfassung verankeren, Minoritéiteschutz oder e klenge Paragraphe fir d'Gläichberechtegung.
SEL-Chef: *(laang Paus)* Eh.
Botzfra: Et keint een hei och Staatszieler an der Verfassung definéieren. Kultur als Staatsziel zum Beispill.
SEL-Chef: Hei ass net zoufälleg eng Delegatioun laanschtkomm?
Botzfra *(drenkt fäerdeg)*: Dach. An net just déi.
SEL-Chef *(überwältigt)*: Waa... An wou si déi lo?
Botzfra: Ma an der Häerzkummer.
SEL-Chef: An der *(kann et net gleewen)*
Botzfra: Häerzkummer, jo.
SEL-Chef: Se sinn an der Häerzkummer.
Botzfra: Do hannen am Eck, déi kléng Dier.
SEL-Chef: Merci Madame...

(Ouni Äddi ze soen, torckelt den SEL-Chef lass op d'Dier zou. D'Botzfra bleiwt stoen a kuckt him no.)

SEL-Chef *(OFF-Monolog)*: D'Häerzkummer vun der Verfassung. D'Séil vun der Natioun, de Grondsteen vum Land. Nach nie wor ech dobannen. Nach nie hunn ech vun engem heieren deen

dobannen wor. Nach nie hunn ech vun engem heieren, deen vun engem heieren huet, deen dobannen wor. Dobannen ass eppes, wat dest ganzt Land zesummen hält, eng méi breet Basis, wéi alles, wat hei an der Verfassung ronderemleeft. Méi wichteg wéi d'Monarchie, de Rechtstaat an d'national Identitéit, an gläichtzäiteg de Kär vun alledeem. An ech hu versoot. D'Delegatioun ass dobannen. D'Dier steet op, lo ass alles riwwer. Ech gi ran.

---

17 - Häerzkummer

(An der Häerzkummer, engem klengen komplett wäissen Raum. Apathesch betrett den SEL-Chef de Raum a gesäit, dat immens vill Leit schon hei versammelt sinn)

Architekt: Ah, den Chef vum berühmt-berüchtegten SEL. Bonjour, kommt eran, ech hu schonn op Iech gewaart.
SEL-Chef: Dir hutt schonn op mech gewaart?
(Verdaddert kennt de SEL-Chef eran a bleift an der Mëtt vum Raum stoen, hien gesäit aus all Raum Leit hei setzen, och de Grandduc an d'Delegatioun, déi all wéi an Trance op hire Still setzen an roueg no fir kucken)
Architekt: Ech hunn... Loosse mer dat. Dir braucht Iech net ze suergen, d'ass alles a beschter Uerdnung, vu kengem geet Gefor aus. Meng trei Mataarbechterin hat och déi ganzen Zäiten plus ou moins d'Kontroll, mä wësst der, soubal een hei bannen ass, vergësst ee gären mol, wat an deenen aneren Reim sou geschitt ass.
SEL-Chef: Wat ass dëst fir ee Raum, an deem een alles vergësst, a ween sidd dir, an iwwerhaapt hat ech mer eppes aneres virgestallt als Séil vum Land.
Architekt: Mä wat ass d'Séil vum Land? Ass et wierklech eis Monarchie, d'Chamber oder de Blanne Jhang? Ass dat wierklech d'Basis vun eisem Zesummeliewen, ass et wierklech dat wat mir zwee schützen? Ouni dat eis Gesellschaft net mei déi nämlecht wier?
SEL-Chef: Dat, eh... majo mir schützen d'Leit viru sech selwer, si géifen net verstoen, si geifen alles futti maachen.
Architekt: D'Leit versti ganz gutt. Hei bannen huet all Mënsch et verstanen.
SEL-Chef: Raus domat, wat gëtt et ze verstoen.
Architekt: *(Hellt déif Loft)* Dat hei ass d'Häerzkummer, mä hei fënns du net de Geescht vum Staatswiesen, mä de letzebuerger Geschäftsmodell.
(Paus)
SEL-Chef: Hä?
Architekt: Wat eis kleng Welt bannendran zesummenhält. De Goss, de Frick. Eis Bankeplaz natierlech, de lëtzebuerger Modell, dat wat eist Land steeräich mecht. Mir hunn eis Séil un de Finanzsector verkaaf an nennen et "Luxembourg for Finance". Steierhannerzéiung. Eis Investementfongen. Mir hunn einfach d'Steier op Dividenden von Investmentfongen op 0% gesat, a loossen dei Räich iwwer hier Breifboiten op de Kaimaninselen hei bei eis investeieren... Soit. Onfeier 800 Milliarden Euro un illegale Fongen hun mir domatter schon op Letzebuerg kritt. Dat Ganzt funtionéiert mat egal wéi enger Regierung, mat Grandduc oder ouni an egal wat sech hei ënnen an der Verfassung ännere géif: soulaang keen eise Geschäftsmodell hannerfreet ass de ganze Recht pup-egal.
(Paus)
SEL-Chef: Dat wosst ech net. Dat ass jo ee Skandal. Wann dat rauskennt, wann d'Journalisten dovunner eppes matkreien...
Architekt: D'Journalisten wessen et, mir hunn Radio-Chefredakteren déi Bankelobbyisten

waren...
SEL-Chef: Dat däerf net un d'Öffentlechkeet.
Architekt: Blödsinn, dat weess scho jiddwereen hei am Land.
SEL-Chef: Jiddwereen?
Architekt: Jiddwereen, souguer Richtung22

(d'Kamera schwenkt riwwer, et gesäit eng immens chaotesch Filmcrew)

Richtung22ler 1: Wat leeft. Wosste mir dat?
Richtung22ler 2: Dat et just ëm de Goss geet, mir vu friemem Grousskapital gestéiert ginn, an eis Staatswiesen pup-egal ass?
Richtung22ler 1: Jo?
Richtung22ler 2: Jo, dat wosste mer. Mä mer sinn awer dogéint.
Richtung22ler 3: Hues du se nach all, wat heescht hei dogéint, hei léist et sech dach gutt liewen.
Richtung22ler 2: Mir hunn dat dach guer net neideg. Mir kreien eisen Goss dach lo vun der Lotterie nationale, also vun iergendwelchen aarbechtslosen Spillsüchtegen, déi hier lescht 2 Cent fir e Rubbelbillet ausginn.
Richtung22ler 1: Asou, dat heescht mir si clean.
Richtung22ler 2: Jepp. Mir sinn déi Gutt. Geff mer mol nach eng Cola.
Richtung22ler 1: Wou läit déi?
Richtung22ler 2: Dohannen an der McDonaldstut.

(Mir sinn nees am Raum vum Architekt)

Architekt: Verstees du lo, Jean-Guillaume.
SEL-Chef: Dat Ganzt mech mech ee bessi duercheneen, muss ech agestoen.
Architekt: Gei lo heem, an lee dech zu Rouh. Et ass alles gutt.

---

18 - RTL

(am TV-Studio vum Ufank: Mir gesi Biller, déi d'Texter vun de Moderatoren illustréieren)

Moderator 1: Mir hunn iech geschter vun enger ganzer Reih vun Skandaler beriicht, déi opgetaucht sinn. Verontreiung vu Suen, enger ACEL ouni Béier, e Grupp vun Geheimdengschtmataarbechter, déi, als James Bond verkleed a stack besoff de Palais iwwerfale wollten... an déi Rumeuren vum groussherzoglechen Haff.
Moderator 2: Et huet sech haut allerdengs rausgestallt dat un deenen Virfäll wuel och eppes drun ass, iergendeen enquetéiert ee bessi, d'Leit hu sech ee bessi opgereegt an eis Regierung huet erkläert, dat hier Dieren emmer op sinn. Berouegend, dat ze heieren. Domat riwwer bei d'Meteo.
Moderator 1: Muer gett et den ganzen Dag iwwerall am Land e Mix aus Sonn a Wolleken, trotzdeem hu mer iech eng Wierderkaart mat lächerlech villen ennerscheedlechen Symboler an Temperaturen fir eist klengt Land gebastelt. Dir verstitt dat souwisou net, dofir faasse mer eis den Owend einfach kuerz a soen: Et gëtt wotelech.

---

19 Nees am SEL

(Am Büro vum SEL: Op enger Tele ass grad den RTL-Beriicht gelaaf. Den Chef vum SEL kennt ran, a geet op säi Schreiwdesch duer d'Mataarbechter stinn op an applaudéieren, den SEL-Chef deet säi Mantel aus, gesäit zefridden aus, freet sech iwwert den Applaus.)

SEL-Chef *(Off-Kommentar)*: Och dest wor iwwerraschenderweis alt rem eng Kéier ee Kannerspill. Déi brisant Noriichte an Skandaler woren zwar kuerz eng Beschäftegung fir de Pöbel, mä se sinn duerno ganz vun alleng vun der Bildfläch verschwonn.

Sufrang: Schéin, dat der nees do sidd, Chef!

SEL-Chef: *(erzielt an d'Kamera)* Dir wëllt d'Moral vun der Geschicht? Kuckt déi Zeen mat der Botzfra nach eng Kéier. Dir wëllt mäi perséinleche Fazit. Dajee alt. Wat soll ech soen. Ech duecht ëmmer méi ze verteidege wéi just eng Bankeplaz. Falsch geduecht. Egal. Ech ka mäi Kapp a Rouh leeën, relaxen, et roueg ugoen, et easy taken... Grouss Veränneerunge? Komme souwisou net. Hei wibbelt naicht, hei ännert naicht. Nom Regierungswiessel hätt ee menge kéinte, mir hätten et bekäppt. Mä soit.

Sufrang: Chef? Den Premier huet grad ugeruff, et geif him fuerchbar leed doen, mä him wier do eppes rausgerutscht wat hien eigentlech sou net soe wollt. Jiddverfalls ass hien um Presse-Breakfast bei de Journalistefroen an d'Labyrenten geroden an huet en Referendum iwwert d'Auslännerwahlrecht versprach.
SEL-Chef: Auslännerwahlrecht?
SEL-Mataarbechter 2: Auslännerwahlrecht?
Sufrang: Majo, mir sollen eis drem kemmeren.
SEL-Mataarbechter 3: Auslänner...
SEL-Chef: D'ass jo gutt...

(D'Joffer Sufrang iwwerreecht him eng Envloppe)

SEL-Chef: *(nees direkt an d'Kamera)* Bon, et schéngt wuel nach Saachen ze ginn, em déi kemmert een sech vläit dann dach awer besser nach. Ech muss lass, d'Aarbecht rifft. Ciao *(geet äus der Kamera räus, kënnt rëm eng Kéier zreck)* Dir kennt mech net, dir hutt mech ni gesinn. Wann eppes heivun un d'Ëffentlechkeet kënnt, maachen ech Kuddelfleck äus Iech.